



► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Här President, ech wëll dem Här Fayot soen, dass mer dat do natierlech diskutéiert hunn. Mä esou einfach ass et awer net an der Praxis. De Punkt ass jo deen, dass bei deene Proposition-de-loien - deenen alen - eng Rei der och hei diskutéiert gi sinn, och Avisé virlouchen, sougutt vum Statsrot wéi vun der Regierung...

Jo, mä mir kënnen jo net... Duerfir soen ech, mir hunn elo am Fong déi eraginn, déi am Fong nimools déi ganz Prozedur duerchlaf haten. Ob mer elo soen: „Mir halen déi oprecht an da bleiwen déi definitiv um Rôle“, oder ob ech se nach eng Kéier d'nächst Woch déposéieren, dat ass jo awer wierklech dat nämlecht. Ech mengen, et deet mer leed.

► **Plusieurs voix**.- Neen.

(*Interruption*)

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Ooohhh!

► **M. le Président**.- Den Här Gibéryen, wann ech gelift.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Et ass gutt. Hei, gitt mer se nach eng Kéier. Ech déposéiere se direkt nach eng Kéier.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Här President, ech mengen de Kolleeg Fayot huet et hei richtig gesot. Mir hu laang driwwer diskutéiert an der Reglementskommissioun, wéi mer aus där Situatioun erauskommen. A mir sinn zur Konklusioun komm, dass all Proposition-de-loien am Prinzip ënnert déi nei Prozedur géife falen; och déi, déi oprechterhale gi sinn.

An dat hätt zur Konsequenz, dass déi dann alleguer bannent sechs Méint no Ufank vun där Legislaturperiod - dat heescht, bis elo den 13. Abrëll oder weini wat et gesot - hätte missen - da sinn déi sechs Méint ofgelaf - op den Ordre du jour gesat ginn, fir hei diskutéiert ze ginn a fir dann den éischte Vote ze huelen, ob eng Suite geet oder ob se klasséiert ginn.

A well dat net méiglech ass, zäitlech gesinn, ware mer eis eens ginn an der Reglementskommissioun, dass mer gesot hunn, mat Ausnahm vun dräi Proposition-de-loien - dat sinn der zwou vun der Kommissioun vun der Institutioun, wat d'Verfassung ubelaangt, an eng vun der Comexbu, wat d'Reform vun der Cour des Comptes ubelaangt, well déi schonn an der Prozedur fortgelaf sinn - géife mer dann déi dräi haut an d'Sitzung huelen, fir do den éischte Vote ze huelen, fir dass déi weiderginn.

An all déi aner, ware mer eis parteiwwergräifend eens ginn, géifen d'Deputéierten zrëckzéien a se da frësch deponéieren. An dann hu mer den Délai vu sechs Méint, fir déi ze behandelen.

Wa mer elo haut dat dote maachen, dann hätte mer dat jo missen op den Ordre du jour setzen an dann hätt jo missen iwwer all Proposition de loi och hei en Débat stattfannen, wou mer eis dann och hätte kënnen preparéieren, fir wierklech ze kucken, ob se solle weidergoen oder net.

Ech géif duerfir en Appel maachen un alleguer déi Kollegen - mir hunn et vun eiser Säit gemaach; ech muss zwar soen, och eréischt haut -, dass mer sollen alleguer déi Proposition-de-loien zrëckzéien. Et kann ee se wuel, Kolleeg Bausch, direkt muer erëm frësch déposéieren, mä dann hu mer sechs Méint Zäit, fir driwwer ze diskutéieren. Soss muss mer se alleguer elo am Eilverfahren duerchhuelen ouni Diskussioun. An ech mengen, dat wär och net seriö.

► **M. le Président**.- Also, ech wollt lech just soen, Här Gibéryen, d'Conférence des Présidents huet eng aner Décisioun geholl. Ech sinn hei als President zoustänneg, fir déi Proposition, déi d'Conférence des Présidents geholl huet, hei duerchezéien. Mir sinn an der Conférence des Présidents zur Konklusioun komm, dass mer ebe justement déi Prozedur, déi Der richtig beschriwwen hutt, elo sollen duerchezéien, andeem mer haut decidéieren, wat fir eng Proposition-de-loie mer wëlle viruféieren an der Prozedur.

An duerfir maache mer jo elo justement déi Prozedur, fir ze évitéieren, dass mer eng laang Diskussioun iwwer all eenzel Propositionen hei mussen féieren. Duerfir géif ech elo nach eng Kéier proposéieren, mir géifen hei virufueren, well et ass jo méi komplizéiert, wa mer elo d'Proposition-de-loien alleguerten zrëckzéien...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Steet et dann um Ordre du jour?

► **M. le Président**.- ...an et muss erëm all Deputéierte se eenzel déposéiere kommen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Et steet also um Ordre du jour. Dann hate mer dat falsch verstanen.

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Här President?

(*Interruption*)

► **M. le Président**.- All d'Fraktiounen hunn d'Lëscht geschéckt kritt, hu gesot kritt, si sollen eis e Virschlag maachen,...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Majo!

► **M. le Président**.- ...wat fir eng Proposition-de-loie se wëlle bäibehalen a wat fir eng dass se wëllen zrëckzéien.

(*Interruption*)

Elo huet den Här Berger d'Wuert, an da kritt den Här Schiltz d'Wuert.

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Merci, Här President. Eng Kéier hunn ech ersat an der Reglementskommissioun an ech kann nëmmen deem bäipflichten, wat den Här Gibéryen elo grad gesot huet. Dat war op alle Fall dat, wat do diskutéiert gi war, a wou mer dann och mat denen Angaben an eis Fraktiounen zrëckgaang sinn.

Bon, elo schéngt dann de Büro eppes aneschters decidéiert ze hunn. Mä et wär awer da wichteg, dass mer wëssen op Grondlag vu wat fir enger Prozedur mer elo...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Ech mengen, all Fraktioun huet dowéinst e Bréif kréit. Meng Fraktioun krut e Bréif.

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Mir hunn haut de Moien e Bréif un d'Fraktioun kritt...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Neen, net de Moien.

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- ...um eelef Auer, wat fir eng Proposition-de-loie mer géifen zrëckbehale respektiv wat fir eng mer wëilten zrëckzéien.

(*Interruptions*)

An ech mengen, da misst et awer elo kloer sinn, a wat fir enger Prozedur mer wieren a wéi mer dann elo hei weiderfueren.

► **Une voix**.- Et ass kloer, mä bon.

► **M. le Président**.- Den Här Schiltz wollt d'Wuert ergräifen.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (*CSV*).- Här President, et ass jo eng komplizéiert Fro dat do, well dat Reglement op 17 verschidde Manéiere vu 27 Leit interpretéiert gëtt. An dofir komme mer och hei net eraus. Meng Erënnung ass déi, dass d'Conférence des Présidents an hirer Weisheet - sot weinstens „très bien“, Här Lux -...

► **M. Lucien Lux** (*LSAP*).- Très bien!

► **M. Jean-Louis Schiltz** (*CSV*).- ...decidéiert hat, dass all Fraktioun eng Lëscht kréisch, wou se soll schreiwen „maintien“ oder „retrait“, an dass mer lech déi Lëschte sollen ofginn, an dass Dir eis géift d'Lecture ginn hei vun deem, wat op deene Lëschte steet, an dass mer hei net nach brauche grouss opzefroen. Punkt.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Ech war amgaangen, Här Schiltz, dat ze maachen, wéi verschidden Intervenanten, wéi den Här Gibéryen, gemengt hunn, dat wär awer net déi richtig Prozedur.

Nach eng Kéier, d'Conférence des Présidents huet eng Décisioun geholl, ech mengen, déi konform ass mat eisem Reglement. Mir kënnen natierlech elo nach laang doriwwer diskutéieren. Dir musst lech just bewosst sinn, wa mer dës Woch keng Décisioun huelen, da sinn alleguerten déi Proposition-de-loie fort. Da si se fort!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Neen, se sinn net fort.

► **M. le Président**.- Dach, da si se fort, Här Gibéryen.

(*Interruption*)

Den Här Fayot, wann ech gelift, an da géif ech wierklech virschloen, dass mer géife versiche virunzufueren.

► **M. Ben Fayot** (*LSAP*).- Also, Här President, ech wollt just soen, wa mer elo hei decidéieren, esou wéi Der dat amgaange sidd ze maache mat deene Lëschten, déi d'Fraktiounen krut hunn, fir - mettons - eng 15 Proposition-de-loien ze maintainéieren, an déi aner zrëckzéien, da muss mer d'ici le 13 avril hei an der Chamber eng Décisioun iwwert déi huelen, déi mer elo maintainéieren.

Dat ass dat, wat mer diskutéiert hunn an der Commission du Règlement. An ech gesinn net, wéi Der et anescht kéint maachen.

► **M. le Président**.- Mä ech mengen zwar, Här Fayot, dass Der do net richtig leit. Wat mir elo haut maachen: Mir decidéieren, dass mer mat all deene Proposition-de-loien, déi ech elo opzielen, virufueren. An domadder hu mer déi Décisioun geholl. An déi aner, déi ginn zrëckgezunn. Also, ech mengen, dass ass en long et en large an der Conférence des Présidents esou diskutéiert ginn. An ech gesinn och net, wéi mer dat kënnen aneschters maachen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Här President, wa mer et esou maachen, da wëllt dat doten an anere Wieder heeschen, dass domadder den éischte Vote bannent sechs Méint elo haut géif geholl ginn.

► **Plusieurs voix**.- Jo.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Wann dat de Fall ass, da maachen ech dat, wat ech de Moien ënnerschiwwen hunn, réckgäנגeg. Da gesinn ech net an, firwat dass mir eis sollen zrëckzéien, wann déi aner hir bestoe loosse. Da loosse ech eis och bestoen, déi dann haut op den éischte Vote kommen.

► **Une voix**.- Da si se all drop.

► **Une autre voix**.- Jo.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Da si se eben alleguer drop. Da gi se eben haut alleguer duerch, an dann ass dat eben esou. Dat ass jo awer net de Sënn vum Zweck.

► **M. le Président**.- Ech gesinn, dass hei jo nach e bësselchen Duerjerneen ass. Ech géif einfach proposéieren, dass sech d'Conférence des Présidents nach eng Kéier géif herno kuerz zesummesetzen an da le cas échéant muer nach eng Kéier zrëckkommen, fir déi Proposition-de-loien dann nach eng Kéier virzebréngen.

Kënnen mer domadder liewen?

(*Assentiment*)

Als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg hu mer de Projet de loi 6072, eng Duebelbesteuerungskonvention tëscht Lëtzebuerg an 20 anere Länner. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Bettel, Negri, Bausch, Gibéryen an Hoffmann. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

2. 6072 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 8 juin 2004 sur la liberté d'expression dans les médias et de la loi du 3 août 1998 sur la promotion de la presse écrite

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Lucien Thiel** (*CSV*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, mat deem Gesetz, dass mir haut stëmme sollen, gëtt e Punkt hanner eng Geschicht gemaach, déi elo schonn 20 Joer dauert a bei där net nëmmen e bësse fir eis Finanzplaz um Spill steet.

D'Fro ass alleréngs déi, ob et sech bei deem Schlusspunkt ëm en definitiven oder nëmmen e provisoreshen handelt. Well dovunner hänkt net nëmmen d'Zukunft

vun der Finanzplaz an hirem ganzen Ëmgeréits of, mä doriwwer eraus nach en Etliches méi, an dat net nëmme bei eis.

Dat ganz Gedeessens ëm eng europäesch Steuerharmoniséierung goung deemools, am Dezember 1989, un, wéi op Virstouss vu Spuenien hin de Finanzministerrot probéiert hat, eng europawäit Quellesteuer op de Kapitalrevenue vun de physische Persounen anzeféieren. 14 Memberstate waren deemools derfir, dee 15. war dergéint; an dat war Lëtzebuerg. A well deemools, wéi och nach haut d'Regel gëllt, dass a Steuerfroen d'Eestëmmegkeet am Ministerrot verlaangt ass, gouf et dann näischt aus der geplangter Quellesteuer.

Et war den deemolege Statsminister Jacques Santer, deen a Verriedung vu sengem accidentéierte Finanzminister Jean-Claude Juncker déi Lëtzebuerger Vetoskaart gespillt huet, fir seng Finanzplaz doheem viru Schued ze bewahren. Et muss ee wëssen, dass d'Aktivitéit vun eise Banken deemools virun allem aus dem Privatkonnegeschäft bestoung an dass ënnert de Clienten och alt emol där waren, déi hir Suen op Lëtzebuerg bruecht haten, well se sech doheem virun de Steieren drëcke wollten.

Natierlech war sech de Jacques Santer deemools der Gravitët vu sengem Veto bewosst an huet, fir der Saach d'Spëtz ofzebriechen, gläich en „goodwill“-Geste nogeschoss, deen doranner bestoung, dass Lëtzebuerg sech engagéiert huet, an Zukunft matzespillen, wa sollte Steuerdelikter grenziwwerschreidend opgedeckt ginn; wuelgemierkt am Kader vun enger Entraide judiciaire, wéi se bekanntlech a kriminelle Fäll tëschent de Länner Usus ass.

D'Saach hat alleréngs deen Hoken, dass et bei eis net esou richtig kloer war, weini dann elo d'Steierstréppen als kriminell unzegesi wier. Dofir huet emol virop missen déi Fro do gekläert ginn. Dat war dann och zwee Joer duerno de Fall, wéi an engem Gesetz de kriminelle Charakter vun der Steuerhannerzëiung mat der Vokabel „escroquerie fiscale“ definéiert gouf.

Datt mir eis deemools bei de grouse Spezialisten a Geldsaachen, nämlech bei de Schwäizer, inspiréiert haten, läit op der Hand, well déi maache säit jeehier de feinen Ënnerscheed tëschent „Steierdelikt“ - am Schwäizerdäitsch „Steuerverkürzung“ -, a „Steiercrime“; op Däitsch: „Steuerbetrug“. Mä och si denken haut doriwwer no, ob ee bei all deem internationalen Drock op d'Bankgeheimnis dee rengen Ënnerscheed net vergiessen an einfach all Steierverstouss als kriminell Dot ugesi soll.

Den zweeten Akt vun eiser Geschicht huet am Juni 2000 op engem EU-Sommet zu Santa Maria da Feira a Portugal ugefaangen. Och deemools goung et, wéi schonn 1989, mat engem Iwwerraschungscoup un, deen dës Kéier vun den Engländer kouw. Derbannst d'Lëtzebuerger Delegatioun am gudde Glaf no Feira gereest war, dass déi leideg Diskussioun iwwert d'Steierharmoniséierung mat där dräi Joer virdru vun der Lëtzebuerger Présidence proposierter Kompromësslösung iwwer eng Cohabitioun vun zwou Solutiounen, nämlech dem Choix tëschent Quellesteuer an Informatiounsautausch, op en Enn bruecht géif.

Desto méi grouss war d'Surprise, wéi ausgerechent d'Engländer - där hir City sech ni gären an d'Kaarte kucke léisst, gelooss huet, an och nach haut net dra kucke léisst, a bestëmmt net zu de Championen vum Informatiounsautausch gehéiert -, wéi grad si also déi sougenannte Kontrollmatdeelung als eenzeg an absolut Regel fir jiddweree gefuerdert hunn.

Well awer deemools dräi Länner carrément dergéint waren, an et nun eben net ouni Eestëmmegkeet am EU-Ministerrot geet, wann et ëm Steiersaache geet, gouf dann dunn d'Zweegleisegkeet, also den Niewentenee vun Informatiounsautausch a Quellesteuer, zrëckbehalen; alleréngs mat där feiner, awer wesentlecher Nuance, dass d'Quellesteuer als Exceptioun an och iergendwéi als zäitlech begrenzt ugesi gouf.

Domat haten déi dräi Membersländer, déi mat der Quellesteuer hiert Bankgeheimnis rette wollten, nämlech d'Belsch, Eisträich a Lëtzebuerg, einstweilen hiert Zil erreecht,



quitte datt si hu misse schwéieren Häerzens eng Staffellung vun der Quellesteier bis erop op 35%, also prohibitiv 35% no aacht Joer, akzeptéieren.

Am Juli 2005 ass déi doropshin entstanen Direktiv a Kraaft getratt, bei där hirer Preparatioun eis Säit - d'Lëtzebuerger Säit - kräfteg matgedréit hat, besonnesch wat den Applikatiounsberäich vun der Quellesteier an notament där hir Limitatioun am Fongebereich ubelaangt.

Et hätt ee kënne mengen, domat wärem iergendwéi aus dem Schneider, dat ëmsou méi, wéi sech dräi Joer duerno bei der Iwwerpräiwung, déi war virgesinn, vun der Effikassitéit vun deenen zwou Methoden erausgestallt huet, datt d'Quellesteier tipp-topp funktionéiert an d'Kontrollmatdeeling - déi berühmt - éischter ze wënschen iwwreg léisst.

Mä du kouw d'Kris, a mat hir koumen d'Geldsuerge vun den Industrienatiounen, déi derzou gefouert hunn, datt ugefaange gouf, d'Suen aus allen Ecken erauszekrazen, inklusiv déi, déi dem Fisc doheem bis dohin entgaange waren, well etlecht Kapital am Ausland ugeluecht war.

Un a fir sech ass dat jo och net verbueden, mä da mussen awer d'Suen an deem Moment besteiert gi sinn, wéi se verdéngt goufen, an d'Akommes, wat se a Form vun Zënsen oder Dividenden ofwerfen, muss och dem Fisc déclaréiert ginn.

Wuel gëtt déi lescht Exigenz mat der anonym ofgeféierter Quellesteier erfëllt, mä dat ass net onbedéngt de Fall fir déi éischt Méiglechkeet, well et jo net ausgeschloss ass, datt eise Client vläicht vergiess hat, säi Revenu doheem ze versteieren, éiert hien dermat offshore gaangen ass.

Datt huet eis auslännesch Frënn a Partner dozou bruecht, deene sougenannte Steierparadäiser den Damp waarm ze maachen a se ëmmer méi ënner Drock ze setzen, fir datt si hiert Bankgeheimnis sollen opginn. Et schéngt wéi wa si hoffe géifen, domat hir Finanzproblemer léisen ze kënnen, och wann déi puer honnert Milliounen, déi sech do erwaart ginn, bei deem heitegen Ausmooss vun der Statsverschuldung e bëssen iwwerall dach nëmmen eng Drëps op e waarme Steen däerfte sinn.

Op der éischter Réunioun vum G20 d'lescht Joer zu London, wou deen neie Gremium sech als - allerdéngs net am geréngste legitiméiert - Weltregierung waarmgelaf ass, koumen dann och d'Steierparadäiser un d'Rei. Eigentlech sollt do iwwer Mëttel a Weeër behandelt ginn, fir aus der Kris erauszekommen, an et sollten och Lektionen aus deem Crash gezu ginn, dee jo vun de Banken, virun allem vun den angelsächseschen Investmentbanken, ausgeléist gi war.

Mä ee vun deenen, déi ronderëm den Dësch souzen - et war net grad dee Gréissten -, wollt mordicus deenen nure vag definéierte Steierparadäiser den Hals ëmdréien an huet sech net ginn, bis datt d'OCDE gezwonge gouf, iwwer Nuecht déi néideg Kritäre fir d'Definitioun vun engem Steierparadäis ze bastelen, an och gläich eng Lëscht matzeliwweren, oder villméi dräi Lëschten: eng schwartz mat deene ganz Schlëmmen, eng wäiss mat deenen, déi sech näischt virzwerfen haten, an dertëscht eng gro, eng zimlech laang, op där och Lëtzebuerg stoung.

D'Konditioun, fir vun där groer Lëscht erofgeholl ze ginn an op déi wäiss ze kommen, gouf och direkt bäigeluecht. Wann een e bestëmmten Artikel vun der OCDE hirem Duebelbesteierungsmodell - et handelt sech ëm den Artikel 26, Absatz 5 - a seng Ofkommes mat anere Länner iwwerhëlt an op d'mannst zwielef Duebelbesteierungsafkommen no deem Modell ofschléisst, dann ass een am Gudden an et lant een op der wäisser Lëscht. An dat wollt eis Regierung aus verständleche Grënn esou séier wéi méiglech.

Den Artikel 26, Absatz 5 hat Lëtzebuerg bis dohin net a seng - 57 waren et der dee Moment - Duebelbesteierungsafkommen iwwerholl, well hien net grad mat eiser Opfaassung vum Bankgeheimnis iwwereneegeklappt huet. Den Artikel beseet nämlech, datt am Fall vun engem Verdacht op Steierhannerzéiung dat Land, wou de Steierzueler seng Suen hagedoen huet, derzou ugehalen ass, all méiglech Informa-

tiounen iwwert dee betreffende Bankclient erauszerréckelen.

Dat war, wéi gesot, bis elo bei eis nëmmen de Fall, wann et sech ëm en evidente Steierbedruch, also ëm Escroquerie fiscale, gehandelt huet; an dann och nach nëmmen iwwert de Wee vun der Entraide judiciaire.

Den Artikel 26 awer mécht éischters de feinen Ënnerschied net méi tëscht Steiervirkierung a Steierbedruch, an zweetens verlagert hien déi Échanges-prozedur op den administrativen Niveau, dat heescht, d'Ofwécklung geschitt iwwert d'Steierverwaltungen an net méi iwwert d'Gerichtsinstanzen.

Fir esou séier wéi méiglech aus der Schoss-linn vun de Steierparadäisjeeër ze kommen an der ganzer Welt ze beweisen, datt eis Finanzplaz kee Lach fir knaschteg an och net fir schwartz Suen ass, huet eise Finanzminister sech op d'hënescht Bee gesat an a kierzester Zäit eng Rei Ofkommen noverhandelt, fir den OCDEs-Artikel bäizeflécken. A bei deene Konventiounen, déi dee Moment nach am Tube waren, huet hien déi Dispositioun direkt mat drageschriwwen.

Am éischte Fall waren et der 15, dorënner Schwéiergewiichter wéi Amerika, England, Frankräich, Däitschland, an am zweeten nach eng Kéier fënnf mat ënner anerem Spuenien a Mexiko. Dat waren also zesummen 20 Länner, an domat méi wéi genuch, fir vun der groer op déi wäiss Lëscht ze kommen. Genau geholl waren et der souguer 21, bei deene sech den Artikel 26 elo applizéiert, well Lëtzebuerg entre-temps eng Duebelbesteierungskonvention mat Indien ofgeschloss hat, an där en Alignement mat deenen 20 anere scho virgesi war.

Här President, de Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut ze befannen hunn an deen, niewebäi gesot, mat sengem verschwendereschen, zwou an eng hallef Säite laangen Intitulé an d'Guinness-Buch vun de Rekorder gehéiert, huet zwee Voleten. Engersäits geet et ëm d'Randifizéierung vun deene 15 amendéierten an deene fënnf neien Duebelbesteierungsafkommen, an anerersäits ëm d'Prozedur fir déi bis elo an där Form net kannte grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht tëscht Steierverwaltungen.

De Fait, datt mir et hei mat zwee verschidene Sujeten ze dinn haten oder nach ze dinn hunn, vun deenen deen zweeten, deen iwwert d'Prozedur beim Échange, en eendeiteg juristesche Charakter huet, hat de Statsrot zu deem Vorschlag inspiréiert, de Gesetzesprojet an zwee ze splécken an d'Konventiounen separat vun der Prozedur ze ratifizéieren.

Déi Iddi ass awer net zréckbehale ginn, well esou eng Zweegleisegkeet hätt gären zu enger Verschleefung vun deem Ganze geféiert, wat eis dann dobause bestëmmt als faulen Trick ausgeluecht gi wier, fir d'Entraide op d'laang Bank ze drécken. Als gebrannte Kanner, deenen an der Vergaangenheet ëmmer erëm, a meeschtens zu Onrecht, just déi Verzögerungstaktik virgeworf gouf, wollt d'Regierung dee Risque net agoen. En Argument, deem sech Är Finanzkommissioun net verschléisse konnt.

Et wär natierlech vill iwwert déi 20 Konventiounen ze soen, déi mir mat deem Gesetz ofseene sollen, mä well et sech ëm bilateral Ofmaachungen handelt, kann ee schwéierlech nodréiglech an eesäiteg doranner erëmpiddelen. Déi Iwwerleegung gëllt iwwregens och fir deen aneren Deel vum Gesetz. Well och wat d'Prozedur ubelaangt, ass dat Meescht schonn an den Ofkommen oder an den „side letter“ festgehalten a kann net spéider am Gesetz emgebéit ginn.

De Spillraum, deen do dem Législateur bleift, ass deemno net méi allze grouss. Datt do vläicht déi eng oder déi aner Detailfro opstoe bleift, kann een dann och net ausschléissen.

Eng vun deene Froen, an net déi onwichtigst, ass déi, ënner wéi engen Ëmstänn eis Steierverwaltung iwwerhaupt eng Demande vun hiren auslännesche Kollegen akzeptéiere kann. Hei muss natierlech genee opgepasst ginn, datt déi Ufroen aus dem Ausland och wierklech begrënnt a berechtigt sinn an datt et sech net ëm sougenannt „fishing expeditions“

handelt, déi, wéi d'Wuert et seet, dorop ugeluecht sinn, e méiglechst breet Netz auszuerwerfen, an der Hoffnung, datt um Enn deen een oder anere Fësch dann awer dran hänke bleift.

Eng aner Fro ass déi, ob dee betreffende Steierzueler oder -netzueler, iwwert deen de Fisc gär eppes gewuer gëtt, iwwert déi Démarche informéiert muss ginn, éiert d'Requête erausgeet. Dat steet ganz daitlech an der Konventioun mat Däitschland, awer manner kloer an deenen aneren Ofkommen, wou et just heescht, d'Législatioun vun deem jeeweilege Land, dat d'Entraide ufreet, géif applizéiert ginn.

Déi Fro sollt een allerdéngs elo net op d'liicht Schëller huelen, well dorunner hänkt erëm eng aner, nämlech déi, ob den incriminéierte Steierzueler iwwerhaupt amstand ass, fir sech eventuell géint d'Virgoe vum Fisc ze wieren, wéi d'Gesetz dat ausdrécklech virgesäit. Dat kann hien natierlech net, wann hien näischt vu sengem Onglück weess.

Dann huet sech och nach eng Fro gestallt, wien dann elo am Fall vun engem Informationsgesuch ze reagéieren hätt. Wien? Ass et de Client selwer, oder ass et d'Bank, déi och „détenteur des renseignements demandés“ ass - wéi et esou schéin heescht -, oder sinn et déi béid?

Derbannst hei d'Meenungen an deene concernéierte Kreesser nach ëmmer e bëssen auserneendrifen, ass d'Gesetz kloer: Et ka souwuel deen ee wéi deen anere sinn. D'Bank oder hire Client hu genee ee Mount, fir der Opfuerderung nozekommen, mat deene gefroten Informatiounen erauszerréckelen, soss gëtt et eng Bous, déi bis 250.000 Euro goe kann.

Allerdéngs hunn déi Betreffen d'Méiglechkeet, beim Verwaltungsgericht Asproch géint eng Informatiounsufro anzeleeën an där hir Annuléierung ze verlaangen. Sollte si ofgewise ginn, bleift hinnen ëmmer nach d'Méiglechkeet, an Appel ze goen a bei der nächster Instanz, der Cour administrative, unzeklappen, wat da bannent 14 Deeg no der Décisioun vum Tribunal administratif geschéie muss.

Wéi Dir gesitt, hu mer et hei mat zimlech kniwwelege juristesche Subtilitéiten ze dinn, déi awer vu rechtsstaatlecher Wichtigkeet sinn, well och een, deen der Steierhannerzéiung verdächtige gëtt, huet e Recht op Verdeedegung a kann net einfach opgrond vun engem Verdacht vun enger Verwaltung plattgemaach ginn.

Et géif eis hei ze wäit féieren, fir all déi Détailler ënnert d'Lupp ze huelen, déi dëst Gesetz ausmaachen. Deen een oder deen aneren dervu wäert wuel an der Praxis nach Froen opwerfen, esou datt Nobesserungen um Gesetz spéider net auszuschléisse sinn. Schliesslech hu mir et hei mat enger neier Prozedur ze dinn, déi zwar Parallele mat der gewinnter Entraide judiciaire opweist, déi awer als Entraide administrative fir eis en Novum ass.

Kolleegen a Kolleginnen, ech hunn éineschter gesot, déi grouss Fro wier déi, ob mir mat deem Gesetz dann elo en definitive Schlusspunkt hannert déi leedeg Steiergeschichte setzen, oder ob et sech net einfach nëmmen ëm eng weider Statioun op deem Harmoniséierungskalvarium handelt, no där nach eng aner kënnt, déi riskéiert eiser Finanzplaz nach vill méi wéi ze doen.

Et ass gewosst, datt eis europäesch Partner scho längst e Schrëtt méi wäit sinn an et fir si elo scho quasi acquis ass, datt d'EU-Länner et net beim Informationsaustausch op Ufro nom Modell OCDE belosse wäerten, mä esou séier wéi méiglech en automateschen Austausch fir jiddwereen aféiere wëllen. Europa huet deemno vir, nach e Schrëtt méi wäit ze goe wéi de G20, deen der Meenung ass, datt den Échange sur demande misst duergoen, fir de Problem ee fir alle Mol ze léisen, wéi de Secrétaire vum Weltforum fir Transparenz an Informationsaustausch net méi spéit wéi virgëschnt nach an engem Interview daitlech ënnerstrach huet.

Do muss ee sech dann awer wierklech froen, ob eis EU-Partner sech iwwerhaupt bewusst sinn, wat si do am Schna hunn a wat fir eng déif gräifend a fatal Konsequenzen esou en automateschen Austosch wäert hunn. An dat net nëmme fir déi sougenannt Steierparadäiser.

Wann een dorop hiweist, datt jo eigentlech mat enger Quellesteier - wéi déi meescht State se bei sech doheem applizéieren - de Problem geléist misst sinn, well jo all Land déi Steiere kritt, déi him zoustinn, da kritt ee geäntwert, domat géif et net duergoen. E Stat hätt nun eben d'Recht, alles iwwer seng Bierger ze wëssen. An anere Wieder: E Bankgeheimnis, dat jo eigentlech erfionnt ginn ass, fir de Bierger a senger Privatsphär ze protegéieren, dierf et net ginn. De Mënsch huet fir d'Autoritéiten total duerchsichteg, total transparent ze sinn - éiere well, wéi et heescht, Wësse Muecht bedeit? Dat ass eng Fro.

Ech wëll elo hei kee philosophesche Plädoyer fir en absolut - en absolut! - Bankgeheimnis halen, an ech wëll och net d'Gespenst vum Big Brother un d'Mauer molen, net deen aus der Televisioun, mä deen den George Orwell scho sengerzäit a sengem Buch „1984“ esou andrénglech beschriwwen huet.

(Interruption)

Et gouf emol aner Saachen, déi méi schlëmm nach sinn.

Ech wëll just dorop hiweisen, wat en automateschen Informationsaustausch, wéi e vun deenen aneren EU-Stat en verlaangt gëtt, fir Europa am Allgemengen a fir Lëtzebuerg a seng Finanzplaz am Besonnesche mat sech brénge géif.

Do wär emol fir d'éischt d'Tatsaach, datt, wéi et am G20 daitlech ginn ass, de Rescht vun der Welt dem europäesche Beispiil net follege wäert. An anere Wieder: Europa ass amgang, un engem System ze bastelen, deen all déi, déi net ganz plakeg virum Stat wëlle stoen, mat hire Suen iwwert d'Grenz dreuwe wäert, Suen, déi jo Europa nach ewell gutt kënnt gebrauchen, ëmsou méi, well mir eis lues müssen agestoen, datt d'Musek ëmmer manner an eiser aler Welt an ëmmer méi en anerzousch spillt.

Et freet ee sech och, wéisou dëst Argument vun der Kapitalflucht aus Europa eraus elo op eemol net méi gëlle sollt, wou et dach awer deemools, 2000, zu Feira nach gehollef hat, d'Lëtzebuerger Forderung no enger Quellesteier an enger Abannung vun der Schwäiz an aneren Drëttlänner duerchzedrécken. Et ass evident, datt hei Europa amgang ass, sech ganz einfach an den eegene Fouss ze schéissen.

Déiselwecht Europäer schénge sech och net un deem Widdersproch ze stéieren, datt si d'Quellesteier-Solutioun an der Unioun erwierge wëllen, derbannst déi Meescht vun hinne se bei sech doheem monter applizéieren. Datt si domat op eng Diskriminatioun vun deene Bierger lasssteieren, déi hir Suen an engem aneren EU-Stat uleeën, ass geneesou aberrant a contraire zum europäesche Geescht, wéi de Versuch, de gemeinsamen europäesche Finanzmarkt domat erëm ze renationaliséieren.

Datt sech bei esou vill Kuerzsichtegkeet de Rescht vun der Welt, a virun allem d'Finanzplaze baussent Europa heemlech an d'Fauscht laachen, schénge se zu Brëssel net ze mierken. Mä well et nun eemol ass, wéi et ass, an dem Schiller säi Wuert nach ëmmer gëllt, datt géint eng gewësse mënschlech Schwächt souguer d'Götter ëmssoss kämpfen, bleift eis wuel näischt aneschtens iwwreg, wéi eis mat där Realitéit ausenanerzesetzen an ze versichen, dat Bescht doraus fir d'Finanzplaz a fir d'Land ze maachen.

Jiddefalls hu mir an huet och d'Regierung d'Hoffnung net opginn, datt eisen EU-Partner dach nach eng Späicherlicht opgeet an datt si sech dat mat deem automateschen Austausch nach eng Kéier ganz gutt iwwerleeën. Zumools deen Austausch och hinnen eng Kuerbel voller Nodeeler brénge géif, géint déi déi erwaarte Virdeeler kaum an d'Gewicht falen.

Et ass elo allerdéngs net esou, datt eis Bankeplaz, eise Bankesektor sech dären Damoklesschwert bis elo net bewusst gewiescht wier, dat do iwwer em hänkt.



Scho Mëtt den 90er Joren ass u Strategie gebastelt ginn, déi dovun ausgoungen, datt d'Bankgeheimnis à terme géif eescht an d'Quëtscht geroden. Schonn deemools ass sech no neien Aktivitéiten ëmgekuckt ginn, deemools ass d'Fongegeschäft gepusht ginn a sinn nei Nischen erschloss ginn, wéi déi vun de Pensiounsfonten, der Titrisatioun a souguer dem Electronic Banking, deem, niewebäi gesot, zwar dem Secteur selwer net dat bruecht huet, wat e sech erwaart hat, dofir awer net ganz onschëlleg un där erfleecher Entwécklung war an ass, déi den E-Commerce bei eis geholl huet.

Elo kënn et dorop un, där Finanzplaz nei Perspektiven ze ginn, déi deene geännerten Ëmstänn ugepasst sinn an déi dorop ausgeriicht sinn, der Plaz hir Dynamik ze erhalen, déi si an deene leschten 30 Joer zur Lokomotiv vun eiser Economie gemaach an domat och fir deen aussergewöhnleche Wuelstand gesuergt huet, dee mir an all deene Jore kannt hunn an hoffentlech och nach weider kenne wäerten.

Eng Finanzplaz, Här President, wéi eis, muss sech all zéng Joer nei erfannen, wa si wëllt mat der internationaler Konkurrenz mathalen oder hir souguer e Stéckelche wëllt viraus sinn. Grad déi weltwäit Kris, an där mir am Moment stiechen, an och déi national Strukturkris, déi sech nach do dropprafft, sollten eis dozou unhalen, nei unzerappen. Eng wichteg Viraussetzung hu mir schonn domat erfëllt, datt mir der Plaz mat der Uni Lëtzebuerg an hirer Luxembourg School of Finance dat richteg Kompetenzfëllelement ginn hunn. E weidere wichteg Schrëtt ass elo kierzlech gemaach ginn, wéi de Finanzminister dee Thinktank, dee fréier Codeplafi geheescht huet an elo Haut Comité de la Place financière heescht, reaniméiert huet, an dee sech elo voll op d'Orientéierung vun der Finanzplaz fir d'Zukunft konzentréiere soll.

Et läit wuel op der Hand, datt zu deem Comité sengen Aufgaben, Här Minister, och d'Ausschaffe vun enger Strategie gehéiere muss, mat där mir d'Kéier mat eisem Bankgeheimnis kréie wëllen. Sou wéi mir bis elo ëmmer erëm méi oder weëneger d'Kéier kritt hunn, wann d'Lompe gestonk hunn.

Dat gesot, géif ech der Chamber am Numm vun hirer Finanzkommissioun uroden oder se invitéieren, dësem Projet mat dësem ellelaangen Intitulé hir Zoustëmmung ze ginn. Ech kann dat och op d'mannst am Numm vu menger Fraktioun, vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Rapporteur Thiel Merci. Als éischte Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, ech soen lech Merci. Ech soen och dem Rapporteur direkt Merci. An och als Oppositionspolitiker muss een och der Regierung Merci soen, dass se rapidement, nodeem mer op där groer Lëscht waren, gekuckt huet fir ze reagéieren a Léisungen ze fannen.

Ech muss lech soen, Här President, dass d'Reaktiounen dobaussen heiansdo ganz heftig waren. Ech ka mech erënneren un eng Reportage op France 2, wou mer als Wäschmaschinn vun Europa vun der Welt beschriwwen gi sinn. Och de Rapporteur huet hei vun enger klenger Persoun geschwat. Ech weess net, wien e gemengt huet.

► **M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.** - Den Här Sarkozy.

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Ah, Dir hutt den Här Sarkozy gemengt. Ech wosst et net, dowéinst,...

(Interruption)

...mä well eben ech net wëll iwwert d'Critères physiques vun deem engen oder deem aneren diskutéieren, well mir jo awer

och en Antidiskriminationsgesetz iwwert den Aspect physique hunn, wollt ech dat net soen.

► **M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.** - En ass méi grouss wéi Frankräich. Et wor dat, wat ech domat wollt soen.

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Ah, da wor et fir d'Land.

► **M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.** - Jo.

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Mä dann, op jidde Fall beim Här Sarkozy, wou ech och zimlech iwwerrascht sinn, dass d'Lëtzebuerger do un de Pranger gestallt ginn, a wann ee kuckt, dass zum Beispill déi Persoun, déi virdrun zitéiert ginn ass, awer och Co-Prince vun Andorra ass, an dass ech awer net vill héieren, op jidde Fall um internationalen Niveau, wat aus deem engen oder deem anere Land och gemaach gëtt, fir deene Reprochen, déi se aus dem Ausland kéinte kréien, entgéintzekommen.

Fir verschidde Leit, wann een dobausse lauscht, huet een d'Gefill, dass dëst Ofkommen an dëst Gesetz, wat mer haut stëmmen, den éischte Schrëtt wier zum Opgi vum Secret bancaire, an dass selbstverständlech, nodeem mer déi heite Projeten elo gestëmmt hunn, et fäerdeg wäert sinn, an dass an Zukunft nach aner Schrëtt wäerte vun aneren EU-Länner oder vun anere Länner op jidde Fall ënnerholl ginn.

Ech muss lech soen, Här President, den Här Rapporteur huet ee Wuert benotzt, wat an Europa normalerweis d'Symbolik war vun Europa. Dat wor bei verschidde Froen d'Eestëmmegkeet. An dass een do mat deenen aneren eens ginn ass. Et kann ee sech souguer d'Fro stellen, ob Europa an eis Kolleegen dowéinst bei der OCDE geklappt hunn a gesot hunn: „Als Europa kënne mer elo näischt maachen. Dofir kucke mer eng aner Institutioun ze fannen, déi dat vläicht kéint maachen.“ Et deet wéi, wann ee vu Méthode communautaire, vu Konsens schwätzt, an op eng Kéier gesäit, dass déi, déi d'Haaptartisané si géint Lëtzebuerg, aner europäesch - entre guillemets - „Kolleegen“ sinn.

Här President, fir deen een oder deen anere Punkt... Ech mengen, de Rapporteur huet scho ganz vill iwwert de Projet de loi gesot. Ech wëll awer op deen een oder deen anere Punkt zrëckkommen. Mir hunn an der Kommissioun nämlech laang driwwer diskutéiert, well dat wor grad och dee Moment, wou dee Fait war mat deene geklautene Lëschte vu Clienten, a wou elo d'Fro ass. Am Text steet nämlech net dran, a mir haten dat och gefrot, ob net misst awer drastoe kommen, dass een d'Informatioun, d'Basis vun der Informatioun op eng legal Aart a Weis sollt kréien.

Stellt lech emol vir, eng Lëscht gëtt hei zu Lëtzebuerg geklaut, si gëtt dann an d'Ausland verkaaft, an op eng Kéier seet déi däitsch Regierung, well Dir gesitt jo, do sinn nach grouss Diskussiounen: Mir hu kee Problem mat där Lëscht, bei eis ass dat erlaabt, dass déi duerno benotzt kéint ginn.

Déi Lëscht ka jo selbstverständlech net integral, esou wéi den Här Rapporteur et och scho gesot huet, hei benotzt ginn. Mä et kann een awer dorauer deen een oder deen aneren huelen, an et brauch ee jo net ze justificéieren dann och hei zu Lëtzebuerg, wéi een iwwerhaupt un déi Informatioun komm ass, fir deen een oder deen anere Client ze ëmfroen an Informatioun iwwert dee Client ze kréien.

Ech hätt léiwer gehat, et hätt een ab initio gesot, dass een d'Informatioun muss op eng legal Basis kritt hunn, an net dass et geet, dass een eng geklaute Lëscht kann duerno benotzen.

Här President, et sinn nach aner Problemer, oder op jidde Fall Froen, déi ee sech ka stellen. Et ass fir d'éischt am Droit pénal, sauf erreur de ma part, dass och am Fong eng Persoun, déi net direkt informéiert gëtt, awer informéiert ass. Am Fong e Client vun enger Bank, wou op eng Kéier eng Demande kënn, ass den Délai an och d'Bank, déi dann informéiert ass, dat geet dann duer, fir dass considéiert gëtt, wéi wann den Tiers Bescheid weess.

Mir hunn esou Systemer. Fir deen een oder deen aneren, deen et net weess, dass ee kann an engem Zeitungsartikel, de Parquet

zum Beispill, aus engem Uerteel oder enger Convocatioun en Artikel maachen. Dat zielt fir d'Délaien, dass ee seet, wann déi Publication do stattfonnt huet, leeft den Délai, an déi Persoun ass supposéiert, d'Zeitung gelies ze hunn.

Hei ass et de Client, dat heescht d'Bank, déi informéiert gëtt, a vun deem Dag un zielt dann och den Délai. An et ass e bëssen delikat awer, well et huet een net de Bewäis, dass de Client erreecht ginn ass. Bon, mir haten och an der Kommissioun doriwwer d'Diskussioun. An d'Antwort war, dass d'Bank soll wëssen, wéi se un de Client soll kommen, mä Garantien, dass dat ëmmer klappt, kann ech op jidde Fall hei net garantéieren.

Ech muss lech awer soen, Här President, dass ech ganz frou sinn, dass d'Regierung - well et sinn aner Regierungen, déi dat net gemaach hunn - virgesinn huet, dass een e Recours ka maache géint déi Décisioun vun der Steierverwaltung, a souguer, dat muss een och soen, well dat net ëmmer de Fall ass, dass een Appel ka maachen. An ech mengen, déi Punkte soll een och ënnersträichen.

Här President, nach ee Punkt, wou ech mer e bësse Froe gestallt hunn. De Barreau huet och en Avis geschriwwen, an ech mengen, et soll een och ervirhiewen, dass vill Punkten dra waren, déi och fir Diskussioun gesuergt hunn. Bei mir wor einfach d'Fro och vun den Étuden. Et gëtt eng Distinction gemaach bei deenen, déi Domiciliatioun maachen, bei deenen, déi am Fong Droit des affaires maachen, a bei deenen, déi Contentieux maachen. Ech soe just, dass d'Grenz tëschent deenen zwee ganz kleng ass.

Mir soen, dass en Détenteur d'informations déi muss erausginn, an eng Étude, déi Informatiounen iwwer eng Gesellschaft huet, déi ass Détenteur d'informations, da misst déi se erausginn. Et ass ganz delikat, fir ganz genau den Tri ze maachen, wat e Conseil ass a wat op jidde Fall kee Conseil ass. Bon, de Barreau huet gesot, dass een déi Trennung tëschent Contentieux an Droit des affaires do misst maachen. An déi Domiciliatioun maachen. Ech hu just e bëssi Angscht, dass mer am Moment vill Texter kréien, wou u Secrets professionnels vun deem engen oder vun deem anere geknabbert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu schonn als Introduction jo gesot, dass et fir eis wichteg ass, dass mer Äntwerten hunn op déi Problemer, déi mer haten. Et wier traureg an dramatesch souguer fir eist Lëtzebuerger Land gewiescht, wa mer nach laang op der groer Lëscht bliwwen wieren. Ech weess awer elo net, wat d'Imaginatioun vun eisen Nopeschlänner a Kollege wäert sinn, ob elo nei Lëschte kommen, ob Grillé kommen, oder wat se nach wäerten erfannen.

Mir stinn op jidde Fall hanner eiser Regierung, fir datt eis Bankeplaz hei zu Lëtzebuerg déi bleift, déi se ass, well se eng florissant Bankeplaz ass, well et eng Bankeplaz ass, déi ganz vill Aarbechtsplazen hei schafft, an dass een net kann drun denken, dass een haut wëllt d'Bankeplaz, hei Lëtzebuerg selbstverständlech, andeem een awer déi international Gesetzgebung respektéiert, awer wëllt opginn. Wann dat en Zeechen ass, dat deen een oder deen aneren hei verstanen huet, wier et traureg.

Ech wier awer just méi frou gewiescht, Här President, esou wéi ech och scho virdru gesot hunn, wann deen een oder deen anere Punkt, deen ech virdru ervirgehewen hunn, awer an den Text komm wier, wéi d'Legalitéit vun den Informatiounen. Mir sinn net an déi Richtung gaangen. Et ass och schwéier ze beweisen. Mä bon, et kann ee jo nach ëmmer als Bank eng Plaz jo och pénale maachen, andeem ee seet: „Ech hu meng Lëscht geklaut kritt bei mir op der Bank.“ Da misst normalerweis den Dossier en suspens gehale ginn.

Do wore grouss Diskussiounen, well normalerweis ass et jo «le pénal tient le civil en état». An et waren Diskussiounen, ob dat och beim Droit administratif jo de Fall wier. Ech menge just, dass ee selbstverständlech muss sech eens sinn, dass et net ka sinn, esou wéi de Rapporteur et gesot huet, dass ee kënn mat engem Telefonsbuch a seet: „Elo gitt mer wann

ech gelift alles vun Informatioun, wat Der iwwert deen een oder deen aneren hutt.“ Dass punktuell en Informationsaustausch muss kommen, komme mer net derlaanscht.

Dowéinst, Här President, wäerte mir och als Fraktioun vun der Demokratescher Partei dëse Projet de loi stëmmen. Mä wéi gesot, et ass net, well mer et elo haut gestëmmt hunn, dass mer kënne ganz roueg sinn a mengen, dass déi aner eis mat Rou loosse.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Bettel Merci, an als nächste Riedner ass den Här Roger Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, als Éischt wëll ech dem Rapporteur Lucien Thiel Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Déi nei ausgehandelt Duebelbesteierungs- ofkommen, déi mat dësem Projet de loi vun haut approuvéiert ginn, hunn d'Lëtzebuerger Finanzplaz elo emol temporaire erëm aus der internationaler Schosslinn geholl, an där se sech nom Londoner G20-Sommet vum Abrëll 2009 befonnt huet. Quasi iwwer Nuecht hu mer eis deemools op enger groer Lëscht erëmfonnt a goufen un de Pranger gestallt als ee Land, wat sech den internationale Steuerstandarden zwar offiziell verflucht huet, mä dës Kritären awer net ëmgesat huet.

Fir eng international renomméiert Finanzplaz wéi Lëtzebuerg kënnen esou Klassifizierung fatal Auswierkungen hunn. Wann ee bis eemol eng Kéier op esou enger Lëscht steet, ass ganz schnell Schued ugeriicht. Eenzel Länner hunn dann och d'Geleeënheet benotzt, fir eis ganz Finanzplaz staark doropshin ze kritiséieren. Et si ganz vill Amalgamé gemaach ginn a falsch Uschëllegungen derbäi, och aus deene Grënn, fir virun eegene Mësstänn a Problemer an deene respektive Länner ofzelenken.

Dofir mengen ech, an Zukunft musse mer engersäits d'international finanzpolitesch Entwécklung ganz genau am A behalen an anticipéieren, fir, falls noutwendeg, schnell kënnen ze handeln an eis Finanzplaz géint oft willkürlech Attacken ze schützen.

Op där anerer Säit soll een awer elo net an eng Blockadlogik verfalen an all gutt gemengte Recommandatiounen ofweisen, andeems een op d'Spezifisitéit vun der Lëtzebuerger Bankeplaz verweist. Dofir soll een och de Rapport d'évaluation vum GAFI, dem Groupe d'action financière vun der OECD, deen den 19. Februar 2010 presentéiert gouf, seriö elo ënnert d'Lupp huelen.

D'LSAP begréisst dofir, dass d'Regierung d'lescht Woch an der Finanzkommissioun e Plan d'action ugekënnegt huet, fir ze kucken, wéi ee verschidde GAFI-Recommandatiounen, déi pertinent sinn, ëmsetze kann. Leeë mir elo d'Hänn an de Schouss, riskéiere mir eis ganz schnell erëm op iergendenger groer oder schwaarzer Lëscht erëmfannen.

Ech wëll d'Geleeënheet notzen an nach eng Kéier ënnersträichen, dass d'Lëtzebuerger Regierung, nodeems Lëtzebuerg sech op der groer Lëscht erëmfonnt huet, schnell reagéiert huet. A kuerzer Zäit sinn 20 Duebelbesteierungs- ofkommen nei verhandelt ginn, fir se konform zu den OECD-Normen a Bezuch op den Informationsaustausch sur demande ze maachen.

Et ass och relevant, ervirzepräichen, dass vill vun deenen Accordé mat wichtege a grouse Länner nei ausgehandelt goufen, Länner wéi zum Beispill Frankräich, USA, Däitschland, England, Länner, déi vill Drock op Lëtzebuerg ausgeübt hunn an deelweis nach ëmmer ausüben. No de G20- an den OECD-Standarden si mir elo de Moment en règle mat deene Länner. Lëtzebuerg huet domadder alles gemaach, fir d'Kredibilitéit vun eiser Finanzplaz ze erhalen.

Här President, d'Duebelbesteierungs- ofkomme muss een an enger gesamtwirtschaftlecher Perspektiv betruechten. Si



stärken d'Kompetitivitéit a fördern de Wirtschaftswuesstum. Esou Ofkomme verhënnern, dass déiselwecht Fortune oder deeselwechte Revenu zweemol besteiert gëtt. Dat stimuléiert den Handel an incitéiert d'Entreprises an d'Privatleit dozou, an anere Länner ze investéieren. Doriwwer eraus erlaabt en Duebelbesteierungs- ofkommes et och, d'Fraude fiscale ze bekämpfen, andeems d'national Steierverwaltungen Informatiounen ënnereneen austausche kënnen. Dat wäert och elo zu Lëtzebuerg verstärkt de Fall sinn, andeems eben den Informatiounsaustausch sur demande an déi jeeweileg Ofkommen agefouert gëtt.

Mä den Informatiounsaustausch sur demande féiert elo weder de glieserne Bierger an nach bedei en d'Enn vum Bankgeheimnis. Eng auslännesch Steueradministratioun brauch fir d'éischt geziilt a konkret Hiweiser, dass e Résident aus deem Land Akommes net déclaréiert huet an/oder Steieren hannerzunn huet, eier eng Procédure fir eng Enquête judiciaire dann zu Lëtzebuerg ugefrot ka ginn.

De Generalsekretär vun der OECD - wéi de Rapporteur och scho gesot huet - huet och nach eng Kéier an engem Bréif un eise Finanzminister op Lignes directrices vun der OECD higewisen, déi kloer betounen, dass eng Steueradministratioun elo kee Fräischäin huet, an d'Recht net huet, ech zitieren: «d'aller à la pêche aux renseignements». Dat heescht, ouni konkrete fondéierte Verdachtsmoment am Pays d'origine ass d'Privatsphär vum Bierger, an domat d'Bankgeheimnis, hei zu Lëtzebuerg weiderhi garantéiert. Déi spezifesch Konditiounen, wéini eis Steueradministratioun Informatiounen matdeele muss, si jeeweils bei deenen eenzelnen Ofkommen annexéiert.

Här President, mir mussen eis trotzdeem awer Gedanke maachen, wéi eng Zukunft d'Bankgeheimnis zu Lëtzebuerg huet. Sinn d'Deeg vum Bankgeheimnis gezielt, wéi et déi lescht Zäit och ze héieren ass? Oder wäert d'Bankgeheimnis an Zukunft just nach eng marginal an ënnergeuerdnet Roll spillen?

D'Bankgeheimnis war an ass nach ëmmer e wichtege Pilier vun der Lëtzeburger Finanzplaz. Dem Comité pour le Développement de la Place financière, Codeplafi, wéi e geheescht huet, no, huet den indirekten Impakt vun der Finanzplaz 25% vum PIB ausgemaach, an iwwer 27.000 Aarbechtsplazen hänken direkt vun eiser Finanzplaz of. D'Statsrecetten, déi duerch d'Finanzplaz Joer fir Joer an de Statsbudget gefloss sinn an nach ëmmer fléissen, hunn eis iwwer Jorzéngten erlaabt, eisen héichwäertige Sozialmodell oprecht ze halen.

Duerch déi aktuell Finanz- a Wirtschaftskris, déi d'Budgetsdefiziter an d'Statscholden a ville Länner regelrecht exploziéieren gelooss huet, gëtt den Drock, Steiergelder aus dem Ausland anzedreiwien, ëmmer méi grouss. Déi drëtt Steieramnestie vun Italien ass do just e rezent Beispill. Den internationalen Drock, d'Bankgeheimnis ofzeschafe respektiv nach weider opzeloockeren, wäert déi nächst Zäit net méi kleng ginn. Dovunner mussen mer ausgoen.

Dofir muss Lëtzebuerg eraus aus där defensiver Haltung an an d'Offensiv goen. Mir brauchen eng offensiv Strategie, déi op sachlechen Argumenter baséiert. Mä mir wëlle keng Bankeplaz, déi aner Länner drun hënnert, hir Steiergesetzer ze applizéieren. Mir wëllen eng modern Bankeplaz, déi konform ass zu den internationale Regeln. Mir ënnerstëtzen d'Objektiver vun der EU an dem G20, wat de Kampf géint d'Fraude fiscale ugeet.

An deem Kontext kënnt der Promotioun vun der Finanzplaz am Ausland an Zukunft eng enorm wichteg Roll zou, notamment Institutione wéi Luxembourg for Finance an esou weider. Mir mussen et fäerdeg bréngen, am Ausland d'Lëtzeburger Finanzplaz erëm an e gutt Liicht ze réckelen, andeems falsch Uschëllegung konsequent an direkt widderleucht ginn. Mir mussen ganz einfach aus eiser defensiver Haltung eraus a proaktiv d'Avantagen an d'Legalitéit vun eiser Bankeplaz am Ausland promouvéieren.

Natierlech mussen mer och intern hei am Land derfir suergen, dass mer eis konform

verhalen an net nëmme waarm Loft verkafen. Well dat geet schief! Dat misst elo jiddweree verstanen hunn. Dozou gehéiert och déi kloer Trennung tëschent op där enger Säit der Bankekontroll an -reguléierung an op där anerer Säit der Promotioun vun der Bankeplaz. D'CSSF kann evidenteweis net méi déi zwou Funktiounen zesumme maachen. Dat ass contraire zu all Code de déontologie. D'Bankekontroll muss exklusiv vun der CSSF wouergeholl ginn.

Hei geet et och net méi duer, wéi et am GAFI-Rapport steet, mat Circulären ze operéieren, fir de Banken déi néideg Uweisungen ze ginn. Domadder gi mer am Ausland net méi fir seriö geholl. A wichtige Punkten, wou mer wëssen, dass mer exposéiert sinn, muss légiféiert ginn, mussen déi entspriechend Gesetzer an d'Chamber kommen. Nëmmen esou gi mer kredibel. Hei muss ganz einfach Kreditabilitéit dokumentéiert ginn, op deem héchsten Niveau vun den Institutionen, an dat ass ganz einfach weltwäit am Parlament.

Här President, d'Bankgeheimnis bedeit nämlech net per se Steuerhannerzéiung a Steuerbedruch. Wann d'Kapital trotz Bankgeheimnis op eng effikass Aart a Weis besteiert ka ginn, dann ass d'Bankgeheimnis duerchaus legitim a proportional ass et een Instrument zum Schutz vun der Privatsphär.

D'Quellesteier iwwert an deem Sënn e gutt Beispill. Dem Finanzminister no funktionéiert d'Quellesteier ganz gutt. Joer fir Joer iwwerweist Lëtzebuerg Milliounen vu Steiergelder an Heemechtslänner zréck. Am Kader vun der geplangter Revisioun vun der EU-Zënsbesteierungsdirektiv muss ganz sécherlech iwwert de Champ d'application an déi verschidde Besteierungssätz diskutéiert ginn. Mä d'Praxis weist, dass d'Quellesteier gradesou effikass ka si wéi den automateschen Informatiounsaustausch.

Do bleift nach vill a gutt ze verhandelen zu Bréissel. Mä et kann net sinn, dass mer méi héich Zënsbesteierungstauxen akzeptéieren müssen an zugläich dauernd stéckweis vun eise Bankgeheimnis ewechradéiert gëtt. D'Finanzplaz muss an Zukunft esou ausgeriicht sinn, dass auslännesch Investisseure Vertrauen an eis Finanzplaz hunn. Si dierfe sech net enger ongewësser Situatioun ausgeliehwert spieren, wou se net wëssen, wéi eng Finanzproduit wou müssen déclaréiert ginn a wéi eng Informatiounen un d'Steierverwaltung weidergeleet kënnen ginn a wéi eng net.

Wéi de Karl Marx schonn am Joer 1867 sot, ass d'Kapital ee scheit Réi. Eng international Finanzplaz brauch also dofir Rechtssécherheet an e kohärent legaal Regelwierk.

► **Une voix.** - Här Hoffmann, elo hutt Dir näischt méi ze soen, he?

(*Hilarité*)

► **M. François Bausch** (*déi gréng*). - En huet awer Recht. En huet awer dat, wat duerno kënnt, net virgesinn.

► **Une voix.** - Wéi interessant!

► **M. Roger Negri** (*LSAP*). - Här President, de Finanzminister weist zu Recht op déi aktuell inkohärent Bestriewungen hin, mat deene verschidden EU-Länner am Moment probéieren, Lëtzebuerg an Éisträich am EU-Ministerrot an den Eck ze drécken. Am Kader vum G20-Sommet hu verschidden EU-Länner, déi an deem Gremium representéiert sinn, sech fir den Informatiounsaustausch op Demande ausgeschat, währenddeems si sech am EU-Ministerrot fir den automateschen Informatiounsaustausch staarkmaachen. Dat ass weder kohärent nach mécht dat Sënn, an d'Lëtzeburger Regierung setzt sech deem mat Recht entgéint. Esou eng inkohärent Démarche ass weder am Intérêt vu Lëtzebuerg nach am Intérêt vun der Europäescher Unioun.

Vill Kapital droht aus der EU ofzefléissen an a Finanzzentren an Drëtlänner ze wandern, falls innerhalb vun der EU den automateschen Informatiounsaustausch agefouert gëtt an ausserhalb eben net. Dovunner huet an der EU am Endeffekt keen eppes. D'Lëtzeburger Regierung soll derfir weider versichen, mat sachlechen Argumenter déi aner Länner dovun ze

iwwerzeegen, dass et am Intérêt vun der EU ass, wann all international Finanzplazen, ob se an der EU sinn oder an Drëttstater, déiselwecht gemeinsam Regeln applizéieren.

Här President, mat den 20 Duebelbesteierungsafkommen, déi mer haut stëmmen, si mer elo offiziell OECD-konform. An dee Message, dee solle mer direkt un d'OECD, a virun allem un d'Amerikaner, mat allen eis zur Verfügung stoende Moyenen no bausse kommunikéieren, offiziell natierlech vun der Regierung, mä och iwwert déi ugeschwate Promotionsmechanismen, fir dass de Message ukënnt, wat mer haut hei stëmmen. Well mer sinn elo definitiv gewarnt, wann eng gro Lëscht iergendwou an der Pipeline ass, da si mer méi séier domat gehäit wéi et eis léif ass. Duerfir mussen d'preventiv Relatiounen mat den auslänneschen Acteuren optimaalst organiséiert a strukturéiert ginn.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu deemem Projet de loi a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Negri Merci, an als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat, wat mer haut hei zur Ofstëmmung virleien hunn, hätte mer net zur Ofstëmmung virleien, wann net op internationaler Ebene, op OECD-Ebene, en immensen Drock entstane wier. Deen Drock ass entstanen op OECD-Ebene, well mer op internationalem Niveau e grouse Problem hunn, an zwar de Problem, datt et vill ze vill Biergerinnen a Bierger - et gëtt der vu béidem Geschlecht - gëtt, déi eng Steiermoral hunn, déi eigentlech, loosse mer soen, net nëmmen net legal ass, mä déi och doriwwer eraus gesinn, wann ee kuckt, wéi d'Gesellschaft funktionéiert, ethesch iwwerhaupt net ze akzeptéieren ass.

Ech mengen, datt de Problem vun der Steuerhannerzéiung, Steuerflucht, aktuell wäert bleiwen, egal wat mer och haut de Mëtteg wäerten décidéieren. Et gëtt eng einfach Regel, an ech muss soen, et huet mech e bësse schockéiert - wann ech dem Rapporteur säi Virtrag, deen en hei gehalen huet, wou ech vum Techneschen hier alles an der Rei fannen, wat e gesot huet, wou en d'Gesetz erkläert huet, mä e bëssen dat, wat en awer nach zousätzlech gesot huet, wou en e bësselche bagatelliséiert huet -, déi Zommen, ëm déi et sech géif dréien, déi deelweis laanscht verschidde Fiskussen am Ausland geschleist ginn, egal wou et och ass, egal op wat fir eng Finanzplaz se geschleist ginn. Dat si keng Bagatellen, well et dréit sech do och net ëm kleng Drëpsen op e Steen, mä et dréit sech ëm ganz grouss Zommen. An dat si ganz grouss Zommen, déi deene Länner einfach feelen.

An ech mengen, wa mir dat haut hei diskutéieren an engem Geescht wéi dat doten, dann... Am Fong rejoinéiert dat och de Geescht, dee mer oft un den Dag leeën, och hei zu Lëtzebuerg, wann iwwerhaupt iwwer Steieren diskutéiert gëtt, nämlech ze maachen, wéi wa Steieren eppes wieren, wou de Stat de Bierger géif bestrofen, respektiv wéi wann e Steiere géif erhiewen nëmme well en einfach de Leit d'Sue wëllt aus der Täsch huelen, an dann d'Sue géif och nach duerno verschleiden.

Steiere ginn awer nun emol erhiewen, fir Infrastrukturen opzeriichten, Stroossen, Schoulen, Spideeler, Crèchen, wat och ëmmer. Steiere gi geholl, fir zum Beispill e groussen Acquis vum 20. Jorhonnert ze finanzéieren, nämlech d'obligatoreschen Schoul, an déi och nach gratis ass. Steiere gi geholl, fir d'Fuerschung opzebauen an engem Land, déi jo wichteg ass, fir datt d'Ekonomie iwwerhaupt ka funktionéieren. Steiere ginn och geholl, fir Betriber ze retten, wa Wirtschaftskrise sinn. Steiere gi geholl, fir Kuerzaarbecht ze finanzéieren, fir datt d'Leit net an de soziale Misär falen, fir Chômage ze indeminiséieren an esou weider an esou fort. Steiere ginn och geholl, fir selbstverständlech de Sozialstat ofzesécheren.

A wann an deenen eenzelne Länner, egal wou dat och ass, Steieren hannerzu ginn, Steuerflucht besteet, da stellt dat fir déi Länner e ganz grouse Problem duer. An donc ass et och net verwonnerlech, datt zemools natierlech an enger Kris - wou dann all déi Schwiereregkeeten nach zousätzlech derbäikommen, déi derbäikomm sinn - den Drock sech deementspreechend op internationalem Plang erhéicht, fir ze soen: Mir mussen Regele fannen, datt d'Steierhannerzéiung net méi méiglech ass.

Ech muss och soen, ech géif och gär ee gesinn hei zu Lëtzebuerg... Stellt lech emol nëmmen ee Moment vir, mir wieren an enger ähnlecher Situatioun: Et wier en Nopeschland vun eis, wou dee Risiko géif bestoen, a mir géifen d'Suen entzu kréien. Mir wieren nach vill méi vulnérabel, well mer ganz kleng sinn hei zu Lëtzebuerg. Stellt lech nëmmen ee Moment dat vir. Ech mengen net, datt mer dann happy heibanne géifen diskutéieren a maache wéi wann dat einfach e Kavaliersdelikt wier, iwwert deen ee kéint esou doriwwer ewechgoen.

Duerfir dierf et fir eis och keng Finanzplaz ginn, op där Steuerhannerzéiung praktizéiert gëtt a méiglech ass. D'Zil muss sinn, vun all Regierung, ob dat elo déi Lëtzeburger ass oder wat fir eng och ëmmer, ob dat op Weltniveau ass, datt mer Situatiounen kréien, datt d'Finanzplazen esou funktionéieren an esou geregelt ginn um internationale Plang, datt jiddwereen do, wou e Steiere muss bezuelen, seng Steieren och soll bezuelen an et net ka laanscht de Fiskus geschleist ginn.

Wann ee kuckt, wat passéiert ass an deene leschte Méint, dat huet eiser Finanzplaz sécherlech net gutt gedoen, déi ganz Diskussioun. Den Imageschued, dee mer erliden duerch deen Drock, well mer permanent an der Schosslinn stinn, an de Schued, deen doduerjer entsteet, ass eiser Meenung no vill méi grouss wéi de Schued, dee kuerzfristeg kann entstoen, wann een eng Finanzplaz esou opstellt an an d'Rei setzt, datt an Zukunft net méi kann op se geschoss ginn, wat sécherlech kuerzfristeg Konsequenze wäert hunn. Mä ech mengen, datt een an deem heite Fall net dierf kuerzsiichteg kucken, mä mëttel- a laangfristeg. A mëttel- a laangfristeg wäert sech op internationalem Plang, a muss sech villes änneren.

Dat, wat 2008 am Hierscht geschitt ass, dat wirtschaftlecht Äerdbiewen, wat passéiert ass, wou et nach vill Nobiewe scho gi sinn an et nach vill Nobiewe wäert ginn, dat huet villes verännert. Dat huet villes net nëmmen an der Diskussioun verännert, mä dat wäert och villes verännern an den internationale Regelwierker, déi et gëtt, fir d'Finanzwelt ze regléieren. Dat muss och esou geschéien, well mir müssen nach an eng Situatioun kommen, datt et ophéiert, zum Beispill, datt mer Finanzprodukter hunn, déi esou opaque sinn, datt selwer emol de Banquier heiansdo net méi weess, wat sech hannendru verstoppt.

Et kann och net sinn - an et deet mer leed, Här Thiel, esou vill wéi ech sécherlech d'Privatsphär vun de Leit verteidege virun engem ze vill iwwermächtege Stat -, kann et awer net esou sinn, datt d'Bankgeheimnis schützt viru strofrechtlechem Verhalten, wat a verschiddene Länner de Fall ass. Et ass donc och eng normal Saach, datt den Informatiounsaustausch, eiser Meenung no, derfir och kee Problem dierf duerstellen, fir deen ze etablieren.

Mir müssen d'Opacitéit bei de Produkter an och bei de Konten, wa mer gären eng Kéier international Léieren zéien aus där Kris hei, geregelt kréien. Selbstverständlech net nëmmen hei zu Lëtzebuerg an net nëmmen an der Europäescher Unioun. Dat ass déi gréisste Gefor, déi een effektiv, oder dee gréisste Risiko, deen d'Europäesch Unioun de Moment ka lafen, datt mir virun de Won sprangen, ier op internationalem Niveau Verschiddenes geregelt ass. Egal wat fir eng Reglementatiounen nach wäerten nokommen, muss een drop insistéieren, datt se natierlech op OECD-Niveau kommen, well evidenteweis mécht et net



schrecklech vill Sënn, wann een ee Lach zoustoppt an doduerjer op aner Plazen dräi, véier aner Lächer opginn.

Dat ass den Enjeu, mä mir sollen deen offensiv ugoen, an eis kucken net ze verstoppen, an op all Fall derfir suergen, datt déi Finanzplaz - an dat ass vill méi wichteg - eng nei Perspektiv kritt, nach vill méi eng grouss Perspektiv kritt, jenseits vun der Fro vum Bankgeheimnis a vun der Fro, déi ze dinn huet mat Steuerflucht. Mir sinn der Iwwerzeugung, datt et do grouss Chancë gëtt.

D'Finanzplaz ass och schonn zum Deel gutt opgestallt fir déi Zäit duerno. Et gëtt awer nach eng ganz Rei aner Saachen, op déi ginn ech haut net an, well mir wäerten am Abrëll eng Interpellatioun hei diskutéieren, vum honorabelen Här Meisch, iwwert d'Finanzplaz insgesamt. Do hu mer gutt Zäit, fir dat ze maachen.

Mä wat awer ganz kloer ass, mir mussen et fäerdeg bréngen, déi Finanzplaz och fir déi Zäit duerno opzestellen. An déi Zäit duerno kann nëmmen eng sinn, datt mer déi Lasskopplung, déi bestanen huet tëschent engersäits de Finanzmäert an der realer Ekonomie, datt mer déi erëm opgehuewe kréien. Well et ass genau dat, wat eis...

(Interruption)

Jo, Här Thiel, Dir fannt vläicht, datt dat Quatsch ass. Ech soen lech just, datt dat guer kee Quatsch ass. Wann Dir lech e bësse géift d'Méi maachen, iwwer Är Nuesespëtz heiansdo ze kucken an lech emol ze interesséieren, wat international diskutéiert gëtt de Moment, amplaz datt Dir hei ëmmer nëmme Lobbyist vun der Vergangenheet spillt - well dat ass jo Äre Rôle, deen Dir just nach hei op der Tribün schlussendlech wäert an der Zukunft... oder entre-temps gesitt -, da géift Der feststellen, datt déi Diskussiounen...

(Interruption)

Ech ginn lech just nëmmen ee Beispill. Liest haut d'Wirtschaftsbäilag vum „Monde“. Do steet e ganz groussen Artikel dran. Da liest Der deen an Dir huelt lech deen emol zu Gemitt. Dat ass jo net iergendeng Zeitung. Liest emol déi Wirtschaftsbäilag haut a wat dosteet, an da gesitt Der, wou d'Diskussiounen hilafen.

An da wësst Der och ganz genau, datt mer sollen ophalen, eis zu Lëtzebuerg eppes virzemaachen, an datt mer eis där Diskussioun wäerte musse stellen. Well d'Welt dréit net ronderëm eis, a scho guer net an där doter Fro. A wa mer gären hei déi Finanzplaz rette fir d'Zukunft a se effektiv aneschtens opstellen, da musse mer och fäeg sinn, wierklech éierlech an offensiv iwwer eng Rei Saachen ze diskutéieren, an net maachen, wéi wa mer mat Strategie vu gëschter kéinten déi Finanzplaz hei retten. Dat wäert mat Sécherheet net de Fall sinn.

► **Une voix.**- Très bien!

(Interruption)

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Här Thiel, zënter '95 an haut ass vill geschitt.

(Interruption)

Dat nach méi!

Tëschent 1995 an haut waren zwou grouss Krisen op de Finanzmäert. An déi zwou grouss Krisen hu vill Drock op déi Finanzplaz hei bruecht. Déi eng war 2001 an déi aner war 2008, an déi ass nach laang net ofgeschloss. An et géif héich Zäit ginn, datt mer eis där Diskussioun géife stellen. Ech mengen, dat ass am Intérêt vun dësem Land. An alleguer déi, déi hei dësem Land wëlle virmaachen, datt et en anere Wee gëtt, fir déi Finanzplaz fit ze maache fir d'Zukunft, déi zielen de Leit Geschlechter a Mäercher, well déi komme mat Theorie vu gëschter.

Mir wäerten dat Gesetz selbstverständlech stëmmen, Här President, well mer der Meinung sinn, datt et à ce stade wichteg ass, fir datt iwwert dat Gesetz hei déi Duebelbesteierungsofkomme mat deene Länner do eis deen néidege Sputt ginn an déi néideg Zäit ginn, déi mer brauchen, fir eis, wéi gesot, aneschtens opzestellen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bausch. Elo huet den Här Gibéryen d'Wuert. Här Gibéryen, wann ech gelift.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e Wuert Merci un de Kolleeg Lucien Thiel fir säi Rapport, dee korrekt war vis-à-vis vun all deem, wat mer, mengen ech, an der Diskussioun an der Kommissioun diskutéiert hunn. Mir diskutéieren haut iwwer en Duebelbesteierungsofkomme mat 20 Staten. An de Rapporteur huet, mengen ech, am Detail dat Gesetz erkläert. Duerfir wëll ech mech och méi mat e puer prinzipiellen Iwwerleeunge beschäftegen.

Et ass net nei, datt Finanzplaze wéi Lëtzebuerg vu bausse schonn ëmmer méi mat Skepsis an och mat enger Portioun Näid betruecht gi sinn a regelméisseg Drock op se ausgeübt ginn ass. Duerch déi weltwäit Finanz- a Wirtschaftskris ass dësen Drock méi grouss ginn. Vill grouss Länner, wou d'Statsfinanzen elo nach méi grouss Lächer opweisen, profitéiere vun der Gonscht vun der Stonn, fir den Drock maximal ze maachen, esou wéi wann d'Ursach vun der weltwäiter Finanz- a Wirtschaftskris vu Lëtzebuerg, der Schwäiz oder Liechtenstein ausgaange wier. All Mënsch weess awer, datt dat net de Fall ass.

D'Bankgeheimnis ass dat Schlagwuert. An d'Bankgeheimnis muss aus der Siicht vun deene Länner verschwannen. Hei zu Lëtzebuerg ass d'Bankgeheimnis, géif ech soen, an der Vergangenheet parteiwwergräifend verdeedegt ginn; vläicht mat enger anerer méi nuancierter Haltung vun eise grénge Kolleegen.

D'Bankgeheimnis ass sécherlech net alles. Eis Finanzplaz ass vill méi diversifizéiert an hirer Palette, fir datt een et kann op d'Bankgeheimnis limitéieren. Mä dach ass dat Bankgeheimnis wichteg fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg. D'Bankgeheimnis ass eppes, géif ech soen, wéi eng helleg Kou, esou wéi den Index fir d'Gewerkschaften, a muss och duerfir mat alle Mëttele verdeedegt ginn.

D'Fro, déi mer eis musse stellen, ass, ob ons Regierung dat och esou säit. A Sonndesrieden, op Kongresser, op Meetingen virun der Finanzwelt, wéi eise Finanzminister dat elo kierzlech gemaach huet, gëtt ëmmer behaapt, d'Bankgeheimnis géif et och nach a Jore ginn. Vläch um Pabeier, vläch an der Theorie, awer an der Praxis verschwennt d'Bankgeheimnis vun Dag zu Dag méi.

D'Schold ass et vun eiser Regierung, déi dat Bankgeheimnis, eiser Meinung no, net mat där néideger Konsequenz verdeedegt huet. Dee gréisste Feeler war Feira. Hei ass de Prinzip vum Informationsaustausch akzeptéiert ginn. Mir kruten d'Quellesteuer zäitweilleg zougestane. Mä eis Regierung ass den Engagement agaangen, wann d'EU mat allen Drëttstaaten en Accord iwwert den Informationsaustausch géif realiséieren, datt mir dann och d'office géifen deen applizéieren.

Mäi Parteikolleeg Jacques-Yves Henckes huet deemools, wéi Feira hei an der Debatt war, gesot, Feira wier den Ufank vum Enn vum Bankgeheimnis. Haut, zéng Joer méi spët, kréie mer an där Fro do zu honnert Prozent Recht. D'Regierung huet Feira als en Erfolleg dohinnergestallt a gesot, endlech hätte mer Rou am Finanzsektor.

Am „Lëtzebuerger Wort“ konnt een deen Dag no Feira liesen, „Minister Luc Frieden gegenüber dem Luxemburger Wort: Finanzplatz Luxemburg kann der Zukunft jetzt entspannt entgegenblicken“, war dee groussen Titel am „Lëtzebuerger Wort“.

Eise Kolleeg Lucien Thiel huet haut de Mëtten a senger Interventioun gesot, no 20 Joer géife mer haut emol e Punkt maachen. An en huet gläichzäiteg e puer Minutte méi spët gesot, datt ze fäerten ass, datt awer op europäischem Niveau eis europäesch Partner net wäerten averstane si mat dem Informationsaustausch op Ufro, mä datt e misst automatesch ginn. Dat heescht, dee Punkt, deen haut gemaach ass, ass net méi an net manner wéi en neie Saz, deen haut erëm ugeet an op eng nächst Etapp erausleeft.

Et ass bis haut keng Rou an där Fro komm. An et wäert och keng Rou an där Fro kommen, well eis Regierung permanent

an der Defensiv war an, eiser Meinung no, net genuch an d'Offensiv gaangen ass.

Wéi den Drock an der EU méi grouss ginn ass op eis, huet eis Regierung heiheem eis versicht ze vertréischen, datt op europäischem Niveau a Steuerfroen Eestëmegkeet wier, datt mer d'Vetorecht hätten. Mä mir sinn enges Bessere beléiert ginn, wéi grouss Länner eis ausgetrickst hunn an d'Décsiounen iwwer eis Finanzplatz einfach aus Europa erausgeholl hunn a se an eng net legitiméiert sougenannte G20-Weltregierung, déi zwar keen offizielle Status huet, delokaliséiert hunn. Hei huet Europa versot.

Aner europäesch State sinn eis hei an de Réck gefall, déi mer ëmmer gemengt hunn, wat eis Partner wieren. Déi sinn eis hei an de Réck gefall, well se net d'Diskussioun op europäischem Niveau belooss hunn, mä well se se ausgelagert hunn an de G20, wou mer als Lëtzebuerger Land net vertratt sinn.

Hei kann ee sech d'Fro stellen: Wat fir eng Roll, wat fir ee Wäert hunn europäesch Texte, Traitéen, wa se a kruziale Froen esou einfach ze ëmgoe sinn? Eis Regierung huet hei eng lamentabel Roll gespillt; un éischer Stell den deemolege Finanzminister Jean-Claude Juncker an de Budgetsminister, den Här Frieden. Si hunn hei op der ganzer Linn versot.

Si hunn déi national Interessen um Altor vun europäesche Funktiounen geaffert. A keen aneren,...

(Interruption)

...mengen ech, konnt et besser dokumentéieren a keen aneren ass méi no bei deene Leit wéi zum Beispill de Vizepremierminister, den Här Asselborn, deen dat och den 12. Mee kloer dokumentéiert huet, wéi en am „Tageblatt“ schreift: „Jean-Claude Juncker sei in der Frage des Bankgeheimnis“ ewechgefuer wéi e Splënt, „und“ - schreift e weider - „bei der Aufstellung von schwarzen und grauen Listen habe Juncker sich von den EU-Kollegen vorführen lassen. Das sei beschämend und in der Konsequenz gegen die Interessen des Landes.“

Dat huet den Här Asselborn, Vizepremier vun der Regierung, den 12. Mee d'lescht Joer am „Tageblatt“ geschriwwen. Dat beweist also kloer... De Vizepremier, dee muss jo wëssen, wat seng Regierungskollege maachen. Wann deen dat esou offiziell schreift, da brauch kee mir hei Zwëschefroen ze maachen, wat ech domadder gemengt hunn. Frot dat op Ärem Regierungsniveau Äre Koalitionspartner. Dee kann lech dat soen.

A wa mäi Kolleeg Jacques-Yves Henckes virun zéng Joer gesot huet, datt bei Feira den Ufank vum Enn vum Bankgeheimnis wier, huet och dëser Deeg am „Lëtzebuerger Land“ e Journalist geschriwwen: „Wenn die bis 2004 regierende CSV-DP-Koalition in die Geschichtsbücher eingeht, dann damit, dass sie sich im Juni 2000 im portugiesischen Santa Maria da Feira dazu hinreißen ließ, mit der grenzüberschreitenden Besteuerung von Bankkunden, das heißt mit der Einführung eines Informationsaustauschs oder während einer Übergangszeit einer Quellensteuer, einverstanden zu sein. Diejenigen, die heute 'ganz Feira und nichts als Feira' verteidigen wollen, vergessen vielleicht, dass damals verschiedene politische und Bankkreise der Regierung quasi Verrat am Finanzplatz vorwarfen. So wie das Tageblatt Juncker nun wieder unterstellt, das Bankgeheimnis seiner europäischen Karriere zu opfern.“

Mir gesinn also ganz kloer, datt mer dat och vun anerer Säit ënnermauert kréien, wat ech hei gesot hunn, datt eis Regierung d'Bankgeheimnis wuel hei a Sonndesriede verdeedegt, mä do, wou et drop ukënnt, huet se an deene leschte Jore systematesch versot. Si war ëmmer an der Defensiv.

Dat Bankgeheimnis ass fir Lëtzebuerg wichteg. Mir wëssen, wat do vun Aarbechtsplazen drun hängen. Mir wëssen, datt um „private banking“ 6.000 Aarbechtsplazen hängen, déi net all mat dem Bankgeheimnis ze dinn hunn, awer zu engem gudden Deel. Wa mer schonn eng Regierung hunn, bei där de Chômage a Rekordzuelen op 15.000 eropklëmmt, ouni d'Beschäftigungsinitiativen, da wier et, mengen ech, wichteg, datt déi Regierung zumindest géif kucken déi Plazen, déi mer hunn, net lichtfankeg a Gefor ze setzen.

Ons Statsfinanzen, déi staark defizitär sinn. Mir musse wëssen, mat all Stéck Bankgeheimnis, wat fortgeet, wäerte mer och e Stéck Statsfinanze verléieren. Mat deenen 20 Duebelbesteierungsofkommessen, déi mer haut hei maachen, mat all Duebelbesteierungsofkommessen verléiere mer e Stéck Souveränitéit, verléiere mer e Stéck vun Aarbechtsplazen a verléiere mer och Steuerrecetten.

A mir kënnen - an dat ass de Virwurf, dee mer eiser Regierung maachen - net akzeptéieren op europäischem oder op anere Niveau, datt dat Bankgeheimnis geaffert gëtt, wa mer näischt aneschtens an der Plaz hunn. Eist Land ka sech dat am Abléck guer net erlaben.

Ech wëll och nach just ofschléissend hei soen, well meng Riedezäit ofgelaf ass, wat de Kolleeg Bausch hei gesot huet vu Steuerhannerzëiung an anere Länner: Et ass awer net der Lëtzebuerger Finanzplaz oder dem Lëtzebuerger Stat seng Schold, wann aner Länner Strukturen hunn, déi et hinnen erlaben, datt bei hinne Leit kënnen Steuerflucht maachen, oder Gelder, déi se bei hinne verdéngen, net brauchen ze besteuern. Dann ass et un deene Länner, sech déi Strukturen ze ginn, datt all Gelder, déi bei hinne verdéngt ginn, och mussen déklariéiert ginn a musse besteiert ginn.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Si gi jo besteiert, mä se gi schwaarz heihinner bruecht.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen. Wann déi Gelder do erfaasst ginn, kënnen se net schwaarz heihinner bruecht ginn.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Oh!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Da musse se an deene Länner besteiert ginn. Mir sollen also...

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Egal wat!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...net eis hei e schlecht Gewësse maachen an eis Finanzplaz dohinnerstellen, wéi wann déi géif Steuerbedruch begënstegen, well d'Schold läit net hei bei Lëtzebuerg.

► **M. le Président.**- Här Gibéryen, Dir misst esou lues zum Schluss kommen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- D'Schold läit net hei zu Lëtzebuerg. Da läit d'Schold bei deenen anere Länner.

Dat gesot, Här President, mengen ech, verstitt Der, datt mir als ADR dësem Projet net wäerten zoustëmmen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gibéryen. Als leschte Riedner ass den Här Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här President, de Marx sot awer net, mer sollen dem schiefe Rôt hannendrulafen. En huet op enger anerer Plaz awer gesot, d'Finanzkapitalisten an d'Finanzspekulant, dat wär d'Lumpenproletariat un der Spëtz vun der Gesellschaft.

(Interruption)

Lumpenproletariat.

Mir waren zimlech laang zimlech eleng mat eiser prinzipieller Kritik vum Bankgeheimnis, an ech weess och net, ob mer haut zu ganz vill sinn entre-temps. Dir kennt jo dem - fir elo de Marx e bëssen ofzeweisselen - Immanuel Kant säi kategorischen Imperativ. Et sollt een ëmmer nëmmen no enger Regel handelen, déi zu engem allgemenge Gesetz kéint ginn.

Et ka jo wuel kaum zu engem allgemenge Gesetz ginn, datt ee seng Revenuen a säi Verméige virum Steieramt verstoppt. Da kann et och net sinn, dass State Steuerhannerzëiung ënnerstëtzen oder encouragéieren. Wann dat géif zur allgemenger Regel ginn, da géifen d'Steiersystemer allgemeng zesummebréchen, an da wär d'Finanzéierung vun den öffentlechen Aufgaben natierlech net méi méiglech.

Ech hunn d'lescht Joer e puermol héieren, d'Bankgeheimnis wär e Mënscherecht. A mir waren haut och stellerweis net méi wäit dervun ewech. Wéi ech dunne d'lescht Joer vu mengem Steieramt de Formulär kritt hu fir meng Steiererklärung mat der frëndlecher Opfuederung, ech soll meng Revenuen déklariéieren, hunn ech dem Direkter vu mengem Steieramt e frënd-



leche Bréif geschriwwen, hie soll sech ëm seng Saache këmmen, hie soll sech aus menger Privatsphär eraushalen, well soss géif e géint e fundamentaalt Mënsche-recht verstoussen.

(Hilarité)

Ech krut och vum Steierdirekter eng frëndlech Äntwert. Dat hätt näischt mat Mënscherechter ze dinne, sondern mat Steierhannerzéiung, an ech soll wann ech gelift meng Revenuen allegueren déclaréieren. An ech hunn natierlech missen zrëckschreiwen, ech géif jo fannen, en hätt Recht.

Déi subtil Ënnerscheidung tëschent Steierverkierzung a Steierflucht a Steierbedruch, dat ass eng nei Form vu Kasuistik, Finanzkasuistik. A Wierklechkeet ass et logesch esou: De Steierbedruch, dat ass den Uewerbegrëff, an da gëtt et selbstverständlech dodrënner eng ganz Rei vun Zorte vu Steierbedruch. Ech kann ënnerloossen ze déclaréieren, ech kann en Deel vu menge Revenuen am Ausland verstoppen an esou weider an esou fort. Steierbedruch bleift et.

Steierbedruch bleift et och - dat wëll ech awer och nach ënnersträichen -, wann ech op enger anerer Plaz eng Quellesteier bezuelen an déi Quellesteier x Prozent bedréit, a meng iewescht Steiertranche vun deem, wat ech do déposéieren a mengem Land, déi läit bei 38, während bei eis bei 40, bei 45, bei 50%, dann hunn ech awer trotz Quellesteier eng Steierhannerzéiung gemaach, also eigentlech Steierbedruch.

Ech mengen, an dat hu mir nach ëmmer gemengt, mir kënnen eis Prosperitéit hei zu Lëtzebuerg net dauerhaft op dee Mechanismus vun der Steierhannerzéiung a vum Steierbedruch opbauen. Ech ent-hale mech beim Vote. Ech kann natierlech net géint déi Informationsaccordé sinn. Par contre, ech muss lech éierlech soen, déi ganz Diskussioun hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Bankgeheimnis, iwwer Steierflucht an esou weider, déi ass vun esou enger Hypocrisie zënter Jore geprägt, mat där mer endlech sollten ophalen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Elo kritt den Här Finanzminister Luc Frieden d'Wuert.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, mir sinn eng international Finanzplaz. An dat ass d'Stärkt an d'Particularitéit vun eiser Finanzplaz. A wann een eng international Finanzplaz ass, da muss ee sech och esou wäit wéi méiglech un international Regeln halen. Dee Schrëtt, dee mer haut hei diskutéieren an iwwert deem d'Chamber hei ofstëmmt, ass am Fong e Schrëtt a Richtung méi Upassung un international Regeln.

Ech géif gär am Ufank och am Numm vun der Regierung dem honorabelen Här Thiel Merci soe fir säi Rapport, och fir eng Rei vun deenen Erklärungen, déi e ginn huet, och wann et mer schéngt, dat mer op eng Rei vun deene Punkte mussen zrëckkommen am Kader vun där Interpellatioun vun der DP iwwert d'Finanzplaz.

Haut geet et ëm ee Volet, mä ech wëll hei nach eng Kéier ausdrécklech soen, dat fir d'Regierung d'Finanzplaz vill méi ass wéi d'Bankgeheimnis - an d'Finanzplaz muss vill méi si wéi d'Bankgeheimnis -, mä dat et een Deel ass vun enger Aktivitéit vun der Finanzplaz, en net ausschliesselechen Deel. Dat ass ganz sécher.

Nach muss ee gesinn, dat, niewent der Noutwendegkeet, sech ëmmer un international Regeln ze halen, et och eng Zäit gëtt, déi wesentlech duerch d'Kris geprägt ass, an doduerch och dëst Thema erëm eng Kéier méi an déi éischt Rei vun der internationaler Aktualitéit stellt gëtt.

Déi Kris hei féiert zu Mechanismen, déi méi Reguléierung a méi Transparenz produzéieren. An dat deklinéiert sech an enger ganzer Rei vu politischen Aktivitéiten, déi gemaach ginn an Europa an och doriwwer eraus. G20, OECD sinn nëmmen do eng Rei vun deene Plazen, wou iwwert déi do Saachen diskutéiert gëtt.

Déi ganz Entstehungsgeschicht vun deene Lëscht vum G20 ass a bleift eppes Negatives, an d'Method, wéi do verschidde

Länner, europäesch Länner, am G20 virgaange sinn, ass sécherlech eng, déi mer och am Nachhinein guer net approutéieren.

Fakt ass awer, an dat ass och hei vun enger Rei Kollege gesot ginn, dat, wann een dohinnergestallt gëtt wéi wann ee sech net géif un d'Spillregelen halen, an dat konsequent mécht, da schuet dat engem Land. Duerfir hu mer fonnt, iwwerengs éier déi Lëscht publizéiert gi sinn - dat ass de Mëtten hei net gesot ginn. Mir haten am März annoncéiert, dat mir géifen eis Duebelbesteuerungsofkommen esou änneren, dat mer an Zukunft géifen all d'OECD-Regelen applizéieren. Elo kann een natierlech zu Recht froen haut: Firwat hu mer dat eréischt du gemaach?

Mir hunn et eréischt du gemaach, well mer an deene Méint virdrun ëmmer versicht hunn, och aner Länner, déi e Bankgeheimnis hätten, op déi nämlech Schinn, op deen nämlechten Niveau vu Kooperatioun tëschent Steierverwaltungen ze bréngen. A well mer dat am Ufank vum 2009 a Gespréicher mat der Schwäiz a mat Éisträich fäerdeg bruecht hunn, war fir eis de Wee méi fräi, fir an engem Konkurrenz-milieu, wou international Finanzplazen niewenteneen operéieren, dese Schrëtt ze maachen.

Dat ass och e wesentlechen Ënnerscheid mat deem, wat um Ufank vun dëser Debat an den 90er Joren an am Joer 2000 de Fall war. Versichen, dat déi international Finanzplazen an nämlechte Rhythmus nämlech Regeln unhuelen, war eng Démarche, déi eis wesentlech geschéngt huet. Dat hu mer gemaach, an duerfir si mer zu dësem Schrëtt iwwergaangen.

Mat wem hu mer handelt? Och dat ass net onwesentlech. Well och an dëser Debat ass vergiess ginn ze rappeléieren, dat mer net nëmmen op enger groer Lëscht vum G20 stoungen, mä dat mer riskéiert hunn, op eesäiteg Lëscht vu verschidde Länner ze kommen. An dee Risiko, deen hu mer duerch dat heiten zum Deel eliminéiert, mä net ganz komplett.

Duerfir soen ech och all deenen, a besonnesch dem Här Gibéryen, deen hei gesot huet, d'Regierung, déi wär an der Defensiv. Wann e Land, wéi zum Beispill d'Vereenegt State vun Amerika, een op eng eesäiteg Lëscht stellt an domadder keng Relations économiques méi mat engem Land wëll maachen, da froen ech: Wéi kann een do anescht wéi an der Defensiv sinn?

Et ass een an der Offensiv, wann een dann an dat Land fiert, mat deenen e Vertrag aushandelt. Mä et ass een an der Defensiv an et schuet ee sengem Land, wann een einfach seet: Mir maache guer näischt, an eis ass et egal, ob amerikanesch Firmaen nach bei eis kommen.

Duerfir soen ech, mir hunn déi Duebelbesteuerungsofkomme mat deene Länner ofgeschloss, déi entweder wichteg Handelspartner sinn oder direkt Nopere sinn. Dir gesitt, derbäi ass Däitschland, Frankräich, d'Belsch, Holland, Amerika.

An et sinn och Länner derbäi, an dat ass déi aner Démarche, déi mer gemaach hunn, fir ze versichen, net nëmmen deen Artikel do a verschidde Duebelbesteuerungsofkommen ze setzen, mä zugläich, wat eng Strategie fir d'Finanzplaz ass, och mat neie Länner, mat deene mer an der Vergaangenheet manner Wirtschaftsrelatiounen haten, och mat deenen Duebelbesteuerungsofkommen ofzeschleissen. D'Beispill vum Qatar ass esou e Land, och de Bahrain, Länner aus de Golfstaten, och anerer, fir ze kucken, nei wirtschaftlech Relatiounen opzebauen.

D'Fro, déi mer also hei gekläert hunn, ass déi, wéi mer an deene Länner, mat deene mer Ofkommen hunn, a wéi enge prezise Fäll mer Informatiounen ginn, wann e Verdacht op Steierhannerzéiung virläit, inklusiv all déi rechtsstaatlech Instrumenter, déi mer virgesinn hunn an op déi och de Mëtten hei agaange ginn ass. Déi grondsätzlech Fro ass net nëmmen déi, ob mir d'Bankgeheimnis gutt fannen oder net. D'Fro ass, wéi reagéieren déi aner op d'Existenz vun eise Bankgeheimnis. Dat ass déi wesentlech Fro.

Wa mir Regeln hunn, déi déi aner net hunn, och an der Zukunft; wa 25 Länner

an der Europäescher Unioun eis soen: Mir sinn net d'accord mat Ärem System; wann aner Länner am G20, an der OECD oder soss soen: Mir sinn net d'accord mat Ärem System; dann huet dat e gewëssene Präis. Déi kënnen hir wirtschaftlech Relatiounen mat deem Land iwwerdenken. Och a verschidde Mammenhaiser vu Banke ginn et Reflexiounen fir ze soen: „Wou baue mir eise Private banking aus? Wëlle mer dat maachen op enger Plaz, wou déi Regeln oder anerer spillen?“ An all déi Considérations sinn net nëmme Considérations, fir Jo oder Neen ze soen, mä och, fir ze kucken, wat ass de Präis, deen ee bezilt, a wat sinn d'Konsequenzen also vun där enger oder där anerer Entscheedung.

Grondsätzlech, mengen ech, gëtt et an dësem Land vill Leit, déi der Meenung sinn, dat d'Bankgeheimnis gutt ass. Als Schutz vun der Privatsphär. D'Fro ass jo och net, ob d'Bankgeheimnis soll opgehuewe ginn. D'Fro ass, wéi d'Relatiounen tëschent deem Einzelnen, der Bank an der Steierverwaltung vu sengem Heemechtsland sinn. An doriwwer wäerten nach esou munch Diskussiounen stattfannen.

Mä ech mengen, et wär och gutt, wa mer géifen an dësem Parlament - a mir hunn dat schon emol an der Finanzkommission op eng ganz konstruktiv Aart a Weis gemaach, mä dat muss een nach e puermol maachen - kucken, wat ka geschéien, wa mir op deem enge System sinn, an déi aner sinn op engem anere System, wat fir eng méiglech Konsequenzen huet dat, a wat sinn d'Alternativen dovunner. Schafft d'Regierung, an dat ass souwisou en Dossier, deen an deem Sënn ni ofgeschloss ass, esou wéi iwwerhaupt d'Entwécklung vun de Finanzplazen net ofgeschloss ass.

All déi Diskussiounen, déi mir am ECOFIN féieren, betreffe jo net nëmmen d'Steierpolitik, déi betreffen och aner Beräicher vun der Reguléierung vun de Finanzplazen. Dat si schwiereg Dossier, an dat hu mer net méi spéit wéi geschéier gesinn um ECOFIN, wou mer sollten iwwert d'Reguléierung vun den Hedgefonge schwätzen, wat awer aus verschidde angelsächsesche Grënn geschéier näischt ginn ass. Mä dat Thema kënnt och nach eng Kéier erëm, an esou komme vill Themen erëm. Et muss een dat Ganzt also gesinn am Kontext vun der Reguléierung an de Beziungen tëschent dem Stat an den eenzelnen Entrepen an den eenzelne Bierger.

Jo, et ass richtig, dat eis Quellesteier gutt fonctionnéiert. Mir hunn 170 Milliounen d'lescht Joer, 2008, iwwerwisen un aner Länner u Quellesteier, déi mer opgehuewen hunn. Fakt ass awer och, dat déi aner Ministeren an Europa largement der Meenung sinn, dat dat géif d'Schwächte vun där Direktiv beweisen, well en fait si se der Meenung, dat se vill méi hätte misse kréien, well déi Direktiv sech jo haut nëmmen op ee Produkt applizéiert an net op vill Produkter. Och doriwwer fënnt eng Diskussioun an Europa statt. Mir féieren déi net defensiv, mir féieren déi offensiv. Mä Fakt ass, dat déi aner Länner net mat eise System d'accord sinn. Doriwwer muss diskutéiert ginn. Doriwwer gëtt diskutéiert an Europa.

Ech kann net derfir, dat mir net am G20 sinn. Mir wäerten och ni drakommen. Mä mir plädéieren nach wie vor staark derfir, dat Europa mat enger Stëmm an deem G20 schwätzt.

Dat, wat mer hei maachen, ass e Schrëtt, deen de Problem net definitiv léist, mä et ass e Schrëtt, deen eis vu villen Attacken ewechhëlt, deen eng wirtschaftlech Entwécklung fir déi nächst Jore weider erlaabt. Duerfir géif ech soen, Här Gibéryen, all zéng Joer, huet, mengen ech, den Här Rapporteur hei gesot, muss eng Finanzplaz sech erëm nei definéieren. Och e Land muss sech ëmmer erëm a Fro stelle mat Mechanismen, déi et huet. Net eppes, wat een enges Daags agefuert huet, ass fir 100 Joer onbedéngt gutt.

Ech maachen hei kee Plädoyer fir eppes ofzeschaffen. Ech maache just e Plädoyer derfir, dat een d'Aen opmécht iwwer Ännerungen, déi an der Welt stattfannen, an dat een dann dorobber no Iwwerleung adequat reagiert. Nëmme sech géint all déi aner ze stellen, sech ëmmer géint d'Ausland ze stellen, ass an enger

offener Ekonomie en fait extrem schiedegend, well en fin de compte schafft een domadder d'Grundlag, fir dat d'Aar-bechtsplazen ofgeschafft ginn.

D'Ännerung vun engem System op en anere kréien, dat ass eng wesentlech Fro. Dorunner schaffe vill Leit. Dorunner schafft den öffentleche Secteur. Dorunner schafft de private Secteur. An Zukunft muss d'Bankgeheimnis esou gestallt ginn, dat et keen Obstacel ass, oder net kann als Virwand vu Verschiddeenen, vläicht enger Minoritéit, gebraucht ginn, fir op eng steieronéierlech Aart a Weis hirem Heemechtsstat ze schueden.

Mir si fir den europäesche Bannemaart, dat dee ganz fonctionnéiert. Mir si fir eng konkurrenzfähige Finanzplaz vis-à-vis vun anere Finanzplazen, a mir si fir e Schutz vun der Privatsphär. An et ass an deem Kader, wou mer déi Debatten och an deenen nächste Méint wäerte féieren. Dat hei hëlleft eis, fir déi Debatten op eng méi konstruktiv Aart a Weis mat eisen Nopeschlänner a mat deenen anere Länner vum G20 ze féieren.

Hätte mer dat hei net gemaach, hätte mer eise Land wesentlech geschuet. Duerfir sinn ech frou, dat déi 20 Duebelbesteuerungssaccorden, wat net wéineg ass, dat mer déi hei an esou enger schneller Zäit konnte verhandelen an och an enger schneller Zäit konnten am Parlament diskutéieren, a schliesselech, dat se hei esou eng ganz breet Ënnerstützung an dësem Haus schéngen ze fannen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Finanzminister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6072 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 1 Enthaltung.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Raymond Weydert), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher (par M. Lucien Clement), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Michel Wolter), Norbert Hauptert (par M. Marc Spautz), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)



Et ass also esou décidéiert.

Mir kéimen dann elo nach zu enger Question urgente mat der N°514 vum Här Claude Haagen iwwert d'Brasserie de Luxembourg. Den Här Haagen huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung huet zéng Minutten Zäit, fir dorobber ze äntwerten. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

3. Question urgente N°514 de M. Claude Haagen relative à la Brasserie de Luxembourg

► **M. Claude Haagen** (LSAP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Dossier Dikrecher Brauerei war an ass an deene leschten zwee Méint op jidde Fall an aller Mond. Rieds ass gaangen, fir d'Brasserie de Luxembourg Mousel-Diekirch, déi jo bekanntlech zum Konzern AB InBev gehéiert, zouzemaachen an d'Produktioun an d'Belsch ze delokaliséieren. Dës net novollzéibar Décisioun bedeit ënner anerem, datt op d'mannst 63 Leit beträff sinn, hir Plaz verléieren, obwuel d'Dikrecher Brauerei an deene leschte Joren, notament 2008 an 2009, Milliounen Euro Benefisser gemaach huet.

Sou wéi d'Membere vun der parlamentarescher Wirtschafts- an Aarbechterkommissioun, oder Aarbechtskommissioun villméi, an enger Commission jointe vun den Här Ministere Krecké a Schmit matgedeelt kruten, huet d'Regierung probéiert, bei AB InBev ze vermëttelen an huet mat potenziellen Investisseure verhandelt, fir d'Aarbechtsplazen an d'Produktioun zu Dikrech ze sécheren.

An deene leschte Stonne si vill Rumeuren an deem heiten Dossier opgetaucht, notament iwwert de Radio an och iwwer Communiqués de presse. Duerfir wollt ech an dësem Kontext de Wirtschaftsminister froen: Stëmmt et, datt no den Négociatione mat AB InBev a verschiddenen Investisseuren et zu engem Accord komm ass, wat d'Dikrecher Brauerei betrëfft? An déi zweet Fro: Wa jo, wat bedeit den Accord fir de Produktiounsstanduert Dikrech, a besonnesch fir d'Aarbechtsplaze vun der Dikrecher Brauerei?

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Haagen Merci. An elo kritt de Wirtschaftsminister Jeannot Krecké d'Wuert.

► **M. Jeannot Krecké**, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass sécherlech eng gutt Nouvelle fir vill Leit, mä haaptsächlech fir déi Leit, déi do schaffen. Säit Wochen, an ech mengen, ech war an d'Chamber komm an hunn d'Chambersleit och wierklech gebieden, eis nach e bësse Vertrauen ze schenken, well mir wieren amgaangen, op enger ganzer Rei Zeenarien ze schaffen. Ech soen och Merci, dass ech net hei gedrängelt gi sinn, fir eppes musse präiszeginn, wat zu deem Zäitpunkt beispillsweis eng Léisung war, déi haut schonn net méi wouer ass. Dat, wat ech deemools am Kapp hat, ass haut schonn net méi wouer. Mir hunn eng aner Léisung elo. Eng Léisung, déi also mat sech bréngt, dass et net zur Schléissung kennt vun der Dikrecher Brauerei.

Ech muss och soen, wa mer elo - ech muss soen, mir mussen nach virsiichteg sinn - besser Aussichten an deem Dossier hunn, dann ass dat dank enger ganz gudder Zesummenaarbecht, déi net nëmmen, mengen ech, hei huet de Lëtzebuurger Modell wierklech fonctionnéiert, awer bis erof op d'Basis bei d'Leit, eng gutt Zesummenaarbecht, mengen ech emol, éischters an der Regierung, iwwer SNCI, Économie, Aarbecht.

Och mat de Leit vun AB InBev. Mir hunn do vill Méi gehat, déi ze iwwerzeegen. Déi hate jo eng ganz aner Optik. Déi wollten ënner kengen Émstänn nach eng Kéier hei brasséieren. An ech muss virun allem d'Personal hei wierklech félicitéiere fir déi Rou, déi se behalen hunn.

(Interruption)

Neen, et muss ee wierklech soen, si hunn iwwer hir Gewerkschaftsvertreider, an dat ass mer bestätegt gi vum Management, weiderhin eng exemplaresch Aarbecht do gemaach. A si hu sech net fir zwee Sou umierke gelooss, dass se awer schlussendlech e Lous haben, wat net flott war, nämlech dat, muer op der Strooss ze sinn. An dass si hir Aarbecht bis zum Schluss elo wierklech exemplaresch gemaach hunn, huet och de Management kënne confirméieren.

Duerfir, et ass schonn eng flott Operation, déi hei, esou wéi se verlaf ass. Et ass net vill no bausse gesot ginn, mä et ass no bannen eng ganz propper Aarbecht gemaach ginn.

Mir haben, ech hunn et gesot gehat an der Kommissioun, nennt Der, dass mer eng Rei Zeenarien hunn. Hei ass net deen, dee mir elo am Fong geholl bevirzugt hunn, mä dat ass dee Modell, deen eis et elo géif erlabe weider déi zwee Haaptpunkten, nämlech do ze brauen zu Dikrech an, zweetens, d'Aarbechtsplazen ofzesécheren, wat eis dat géif erlaben.

Ech hat ugedeit, et ass jo net einfach fir ze soen, hei geet et just ëm eng Brasserie. Hei geet et ëm Terrainen, Immobilien, hei geet et ëm d'Braue vu Béier. Jo, déi Aktivitéit. Hei geet et awer och ëm de Marketing an d'Marken, déi wierklech en Deel fir sech duerstellen, d'Aart a Weis, wéi een d'Ges-tioun vu Marke mécht. Hei geet et ëm d'Logistik, d'Verdeelung an et geet ëm all déi Regeln, déi och den Här Frieden uginn, nämlech déi vum Cabaretage, d'Lizenzen allegueren. Et ass evident, dass dat hei mat eragespillt huet.

Ech mengen, mir sinn haut esou wäit, dass d'Brasserie de Luxembourg Mousel-Diekirch op hiren initiale Plang zrëckkennt. Si hate jo ënner kengen Émstänn, an och an e puer Zeenarien hate se eis dat scho gesot, wéilte si net méi déi sinn, déi wëlle brauen. Mir waren ee Moment op engem Trip, wou mer dann en anere beoptraagt hätten, ze brauen, deen hinnen dann zougespillt hätt. Mir hunn, wéi gesot, all Méiglech duerchgespillt. Dat hei ass elo dat, wat erauskomm ass.

Et ass e Protocole d'accord, fir den Terrain an d'Gebaier, d'Terrainen an d'Gebaier soen ech, fir déi ze verkafen un e Grupp vu Lëtzebuurger Investisseuren, déi zu dësem Zäitpunkt, vu dass de Finanzement an der totaler Form nach net steet, wou Lëtzebuurger Investisseuren déi Gebaier géifen opkafen a se dann un InBev zrëckleasen, InBev, déi dann déi eigentlech Brauerei-aktivitéite mat der Infrastruktur, déi an de Gebaier ass, géif assuréieren, InBev, déi weiderhin och am Besëtz vun allem, wat d'Verpakung, oder ënner Kontroll, Verpakung, Verdeelung géif geschéien. Et war schonn eng Kéier de Fall an där Brauerei, dass d'Logistik no bausse ausgelagert ginn ass.

Dat ass och dës Kéier méiglech, awer da geuerdnet. Do si schonn eng ganz Rei Accordé getraff. Ech mengen, InBev ass och gewëllt, wesentlech Zommen ze investéieren an de Marketing, an d'Mark Diekirch haaptsächlech selwer. Si hunn de Moien d'Personal informéiert iwwert de Stand der Dinge, an duerfir ass et och kloer, dass ab engem gewëssene Moment d'Rumeure komm sinn. Ech mengen, d'Leit ware glécklech an hunn dat dorëmmer erzielt. Firwat och net? Mä, wéi gesot, et muss een nach virsiichteg sinn, well de Finanzement steet an där Form nach net honnertprozenteg.

Enfin, mir hunn awer elo emol, ech géife soen, e Businessmodell, mat deem InBev d'accord war. Well bis dohinne war et jo emol iwwerhaapt se ze iwwerzeegen, dass et en anere Businessmodell gëtt wéi deen, dee si sech virgestallt hunn, nämlech zouzemaachen an dat Ganzt an d'Belsch auszelageren. Mir hunn also e Businessmodell, wou mer och probéieren, dass dee Finanzement spéiderhi steet. Mir mussen och mat der Gemeng schwätzen, well déi spillt jo och do e Rôle. Wann et ëm Terrainen an ëm Gebailechkeete geet, dann ass et evident, dass d'Gemeng och muss informéiert ginn.

Et ass also kee Sozialplang virgesinn, et gëtt keen entlooss. Wann dann iergende Problem wier, dann hu mer och den

Accord, dass et e Plan de maintien dans l'emploi gëtt, dee mat de Gewerkschaftsvertreider schonn duerchdiskutéiert ginn ass. An ech muss soen, dat hei ass schonn eng Réussite, a mir solle frou sinn, dass an dësem Fall de Modell eng Kéier total gespillt huet.

Deen een oder deen aneren huet mer gesot: Majo, firwat hues de dann net datselwecht bei Villeroy & Boch fäerdeg bruecht? Firwat hues de et net bei anere fäerdeg bruecht? Jo, et muss een eng Alternativ hunn. Dat heescht, et muss een een hunn, deen entweder de Betrib iwwerhëlt oder deen engem esou eng Operation wéi déi do méiglech mécht, wou een also iwwer Zwëschenoperationen zu deem kennt, wat ee sech virgeholl huet. Dat ass net ëmmer de Fall.

Dir wësst, a munche ganz schwéiere Momenter, wou mer leider hu missen e Sozialplang maachen, hate mer keng Alternativ, hate mer keen Investisseur, dee bereet war, matzemaachen. Hei hu mer där e puer gehat, och Auslänner, och Lëtzebuurger. Hei ass dat, wat elo zrëck-behale ginn ass. An ech hoffen, dass elo an deenen nächste Wochen, wou mer elo den Detail awer nach mussen ausschaffen, dass mer do och eng Eenegung fannen. De Businessmodell steet elo emol zumindest. Mir mussen elo nach de Finanzement hikréien. An dann hoffen ech, dass déi Episod hei, wat eng haart war fir déi Leit, déi do schaffen, déi do während Wochen an der Ongewëssheet gelieft hunn, dass déi dann och erëm sécher sinn, dass se muer nach eng Aarbechtsplaz hunn.

Voilà, Här President, ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci, Här Wirtschaftsminister.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Däerf ech nach eng Zwëschefro stellen?

► **M. le Président.**- Neen, mir sinn zwar, Här Hoffmann, net méi an där Prozedur.

► **Une voix.**- Ooohhh!

► **M. le Président.**- Mir sinn net an der Prozedur. Ech mengen, Här Hoffmann, et steet Iech fräi zu engem spéideren Zäitpunkt eng Fro ze stellen. Mä ech mengen, mir sollen elo hei mat eisem Ordre du jour virufueren.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6037, eng Ofännerung vum Pressegesetz. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Berger, Fayot, Adam, Colombara an Hoffmann.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

4. 6037 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 8 juin 2004 sur la liberté d'expression dans les médias et de la loi du 3 août 1998 sur la promotion de la presse écrite

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Média et des Communications

► **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, de Journalismus ass schonn e bëssen en aparte Métier. Net nëmmen, datt et vun him heescht, e géif zu allem féieren, wann een nëmme mat Zäit d'Lach kritt. Hien ass och nach déi schéinste Form vu Formation continue, well et léiert een all Dag nëmme bái an deem Beruff.

Journalismus ass awer och duerfir eppes Besonnesches, well e sech néierens esou richtig areie léisst. Hien huet zum Beispill seng eege Regeln, déi awer néierens esou genee festgehalé sinn. Hie beweegt sech iergendwou tëschent enger totaler Fräiheet vu Meinung, Iwwerzeegung an Information op där enger Säit, an de Contrainten, déi de Respekt virum Eenzelen a senger Privatsphär - an do si mer erëm, Här Bausch - him operleet. Vun deene wirtschaftlechen Zwäng guer net ze schwätzen, déi d'Medien als Entreprisé musse respektéieren.

An da gëtt dee Métier och nach souwuel vu Saliéien exzerziert wéi vu sougenannte Freelance, wat et net méi einfach mécht,

de Journalist par rapport zu anere Beruffer ze positionéieren. Engersäits brauch hien e Maximum un Onofhängegkeet, fir säi Beruff uerdentlech ze maachen, an ass dobäi dach op där anerer Säit meeschtens soss näischt wéi en Employé, dee sengem Patron ze follegen huet.

Domat wiere mer dann och scho matten am Sujet vun dësem Gesetzesprojet. Et geet dorëm, d'Positioun vum Journalist tëschent der gesetzlecher Reguléierung an der Autoreguléierung ze bestëmmen. Wuel ass dat zum Deel scho längst geschitt bei eis - Här President, Dir wësst et gutt, well Dir hat domat ze dinn -, notament mam Ariichte vun engem Presserot an de 70er Joren, enger Instanz, déi iwwert deenen diverse Journalisteverbänn steet an déi och offiziell vum Législateur unerkannt ass.

An e weidere Schrëtt gouf just virun de Wahlen 2004 - wéi Dir, Här President, Rapporteur waart - mat deem Gesetz iwwert d'Ausdrucksfräiheet an de Medië gemaach, dat sech am Detail mam Statut vum Journalist a mat all deem befaasst, wat dorunner hänkt. Et ass och dëst Gesetz, dat mir haut licht nobessere wëllen, ënner anerem fir et nach eng Grëtz méi prezis a méi komplett ze maachen.

Et sinn dräi Punkten, mat deene sech deen neie Projet ofgëtt. Et geet engersäits drëm, dem Presserot, als Institution, d'juristesch Personalitéit ze ginn, déi e bis elo net hat. Da gëtt, zweetens, prezisiéiert, wéi d'Prozedur auszegesinn huet, wann een Asproch géint e Refus vum Presserot a Saache Journalistekaart, Journalistenauswäis aleet. A schliesslech gëtt de Begrëff „Journalist“ als Berufsbezeichnung nach e bësse méi kloer an exakt gefaasst, wéi dat bis elo de Fall war.

Déi zwee éischt erwähnte Punkten hu weider keng Froen opgeworf. Als offiziell unerkannten Arichtung steet dem Presserot bestëmmt eng zivilrechtlech Unerkennung zou, déi him natierlech och eng entsprechend Responsabilitéit operleet, an déi et hirem President erlaabt, noutfalls viru Geriicht fir seng Institution unzuetrieden.

Dann d'Prozedur, déi Prozedur, déi ze befollegen ass, wann déi sougenannte Kaartekommissioun, déi driwwer diskutéiert, wien e Journalistenauswäis kritt, engem d'Kaart refuséiert huet. Duerfir war am Gesetz vun 2004 weider näischt festgeluecht ginn, do huet et just geheescht, déi Décisioun kéinte virum Verwaltungsgericht ugefecht ginn. Dat gëtt elo vill méi exakt formuléiert, an déi al Recours-prozedur virun enger Appelkommissioun gëtt erëm ageféiert, déi 2004 e bëssen huerteg ofgeschaaft gi war. A wann dann éieren déi Kommissioun, déi aus Vertreider vum Presserot an engem Magistrat als President besteet, de Refus vun der Kaartekommissioun sollt confirméieren, da kann een nach ëmmer bei d'Verwaltungsgericht goen an dat als lescht Instanz uruffen.

Am Contraire zu dësen zwee Punkten, ass deen drëten net gradesou einfach ze léise gewiescht. Dat hänkt virun allem domat zesummen, datt dat Basisgesetz vun 2004 just net vu Journalisten a Pressekaarten a sengem Intitulé schwätzt, mä e bësse feierlech vun der „liberté d'expression dans les médias“. Ee Begrëff, dee vill méi wäit gefaasst ass wéi dat, wat een ënnert der einfacher journalistescher Aktivitéit versteet.

Et kennt natierlech net a Fro, datt een elo d'Fräiheet, fir sech an de Medien auszuedrücken, op d'Journaliste limitéiert, déi sech haaptberufflech mat der Information ofginn. Et ka jiddwereen an enger Zeitung, am Radio oder am Internet senger Meinung fräie Laf loossen, ouni datt hien duerfir offiziell ausgewisene Journalist muss sinn. Wat näischt anescht heescht, wéi datt een, dee gelegentlech oder souguer méi dacks an de Clavier oder zum Mikro gräift, net och e journalisteschen Akt setzt a sech duerfir genee geholl souguer Journalist nennen dierft, woumat d'Grenz tëschent engem Geleeënheetsauteur an engem haaptberuffleche Journalist natierlech total verwëscht géif, wat erëm duerfir net gutt wier, well deen, dee säi Brout mam Journalismus verdéngt, dach op gewësse Facilitéiten an op gewësse Rechter ugewisen ass, fir säi Métier uerdentlech kënnen auszeüben.